

Conseil d'État dës Ännerung schrëftlech matdeelen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5695 ass eestëmmeg ugeholl mat 37 Jo-Stëmmen, géint 22 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme

Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot).

Ont voté non: M. Ali Kaes;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Eugène Berger), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par

M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn dann nach d'Motioun, déi vum honorabelen Här Schank déposéiert ginn ass an déi ënnerschriwwen ass vum dem Här Schank, dem Här Roth, dem Här Schneider, dem Här Etgen, dem Här Mehlen an dem Här Kaes.

Une voix.- Ass dat déi Motioun?

(Hilarité)

M. le Président.- Ech froen d'Chamber, ob mer kënnen iwwert d'Motioun vum Här Schank par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Mi hu véier Enthalungen. Domat ass d'Motioun mat ganz grousser Majoritéit ugeholl.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte fir de Moien. Mir gesinn eis haut de Mëtteg um hallwer dräi erëm.

Ech wënschen Iech all e gudden Appetit.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.44 heures)

Présidence: M. Lucien Weiler, Président

Sommaire

1. Institution et composition de la Commission spéciale «Crise économique et financière»
  - M. le Président
2. 5967 - Projet de révision de l'article 34 de la Constitution
  - M. Aly Jaerling (motion renvoyée en Conférence des Présidents)
  - Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: M. Paul-Henri Meyers (déposant une résolution)
  - Discussion générale: Mme Colette Flesch, M. Alex Bodry, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes (déposant une résolution), M. Aly Jaerling, Mme Lydie Err, M. Luc Frieden, Ministre de la Justice
  - Vote sur le projet de révision de la Constitution
  - Résolutions: M. Aly Jaerling; résolution 1 adoptée, résolution 2 renvoyée en Conférence des Présidents
3. Dépôt d'un projet de loi
  - M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, François Biltgen et Jean-Marie Halsdorf, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

Une voix.- Neen, Här President.

1. Institution et composition de la Commission spéciale «Crise économique et financière»

M. le Président.- D'Chamber huet an enger Resoloutioun festgehalen fir eng nei Spezialkommissioun ze grënnen, déi den Numm „Commission spéciale «Crise économique et financière»“ droe soll.

Wat hir Zesummesetzung ubelaangt, si folgend Virschléi agaangen: fir d'CSV-Fraktioun déi Häre Laurent Mosar, Marc Spautz, Lucien Thiel a Michel Wolter; fir d'LSAP-Fraktioun déi Hären Alex Bodry, John Castegnaro a Ben Fayot; fir d'DP-Fraktioun déi Häre Charles Goerens a Claude Meisch; fir d'Fraktioun vun deene Grénge den Här François Bausch a fir d'Sensibilité politique ADR den Här Gast Gibéryen.

Ass d'Chamber mat der Bezeechnung a mat der Zesummesetzung vun dëser neier Spezialkommissioun averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Artikel 34, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers, d'Wuert.

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 3. Dezember huet de Statsminister hei an der Chamber ee Projet deponéiert, dee virgesäit, dass den Artikel 34 vun der Verfassung soll ofgeännert ginn.

Fir d'Wichtigkeet, d'Zil an d'Konsequenze vun där Ofännerung richteg ze gesinn, ass et fir d'éischt emol noutwendeg, dass mer eis nach eng Kéier den Text vun deem jëtzege Artikel 34 vun der Verfassung virun Ae féieren. Dass mer e Bléck op deem Artikel werfen, fir dann och ze gesinn, wéi wäit dass deem Artikel soll ofgeännert ginn.

Dofir erlaben ech mer, deem Artikel - an ech entschëllege mech bei all deenen, déi gären d'Lëtzebuurger Sprooch hätten - an där franséischer Sprooch ze zitieren, déi d'Sprooch vun eiser Verfassung ass: «Le Grand-Duc sanctionne et promulgue les lois. Il fait connaître sa résolution dans les trois mois du vote de la Chambre.»

Deen Artikel viséiert zwou Attributiounen vum Grand-Duc: d'Sanktioun vun de Gesetzter an d'Promulgatioun vun de Gesetzter. An e schléisst u mat engem Saz, dass de Grand-Duc an enger gewëssener Frist, an zwar an dräi Méint, muss handeln, fir seng Aufgaben ze erfüllen.

Ech mengen, déi Diskussiounen, déi geféiert si ginn iwwert deem Artikel, misste mech derzou féieren, nach eng Kéier op déi zwee wesentlech Punkte vun deem Artikel anzugeen an ze soen, wouranner dass dann d'Sanktioun an d'Promulgatioun vun de Gesetzter besteet.

D'Sanktioun - Billigung, op Däitsch - ass d'Zoustëmmung vun dem Statschef zu engem Gesetz, wat d'Chamber gestëmmt huet. Duerch d'Sanktioun gëtt de Grand-Duc säin Accord zu deem Gesetz. An domat participéiert en och un der legislativer Aarbecht. Well d'Gesetz existéiert duerch d'Sanktioun, déi hiren Ausdrock fënn an der Ënnerschrëft vun dem Grand-Duc ënnert deem Text.

D'Prerogativ vun dem Grand-Duc, fir Gesetzter ze sanktionéieren, besteet zënter der éischter demokratescher Verfassung hei am Land, zënter 1848. Deen Text konnt een an der Mëtt vum 19. Jorhonnert anescht opfaassen, en ass och anescht opgefaasst ginn. Well deemools, an ech erënneren hei, stounge mer 60 Joer no enger Revolutioun, déi d'absolut Monarchie ofgeschaaft hat; a mir wëssen an der Geschicht, dass d'Evolutioun vun neien Iddien, wa se och eng Kéier abrupt ass, awer ëmmer nach zu Réminiscencé féiert an derzou féiert, dass versicht gëtt, Regimer, déi och net demokratesch waren, heiansdo erëm iwwer aner Weeër anzeféieren.

Dat ass am Laf vum 19. Jorhonnert am Zesammenhang mat de Monarchien ëmmer erëm geschitt. Dofir war och d'Interpretatioun vun der Participatioun vun dem Monarch un der legislativer Aarbecht eng

aner wéi haut. D'Opfaassung vun där Aarbecht, d'Opfaassung vum Rôle vum Monarch war 1850 nach eng aner, wéi se haut ass.

Am Laf vun der Zäit huet sech déi Opfaassung geännert. A mir stelle fest, no der Verfassung, déi haut nach an hire Grondsätz hei am Land a Kraaft ass, déi vun 1868, ass et nimools dozou komm, dass ee Statschef refuséiert huet, ee Gesetz ze sanktionéieren. An d'Auteure vun dem Livre jubilaire vum Statsrot, wa mer d'Doctrine nokucken, déi ass hei zu Lëtzebuerg net ganz heefeg, dofir musse mer och op d'Doctrine an der Belsch zrëckgräifen, well jo och d'belsch Verfassung déiselwecht ass quasisment wéi déi Lëtzebuurger, well mer se 1848 vun där belscher vun 1838 eigentlech ofgeschriwwen hunn. Dat war deemools eng gutt Kopie.

Wa mer also op d'belsch Doctrine zrëckkucken, da stelle mer fest, datt déi belsch Auteuren der Meenung sinn, dass déi Participatioun vun dem Statschef un der legislativer Aarbecht a besonnesch d'Sanktioun vun de Gesetzter ee Procédé automatique ass, esou wéi de Pierre Wigny 1952 a sengem Manuel iwwert den Droit constitutionnel scho festgehalen huet. A wa mer d'Doctrine an all déi Auteuren, déi doriwuer schreien, och an der Belsch, an deene leschte 50, 60 Joer suivieren, ech zitieren och do den Här Delpérée, da stelle mer fest, dass do déi Meenung unanimement gedeelt gëtt, dass d'Sanktioun vum Statschef eigentlech ee Procédé formel et automatique ass.

Nun ass et awer esou, dass bei eis zu Lëtzebuerg deem Artikel 34 an all där Zäit ni geännert ginn ass. Vläch och dohier, well eng aner Opfaassung do war. An de Conseil d'État stellt fest, dass mer eigentlech an enger Situatioun sinn, wou den Texte écrit vun der Verfassung net méi iwwereneestëmmt mat der Praxis a mat dem Text a mat der Opfaassung, déi reell iwwert deem Text besteet.

Keen anere wéi mäi Virgänger an der Verfassungskommissioun, den Här Georges Margue, huet scho viru Jorzéngte gesot, dass mer eng Rei Fiktiounen an der Verfassung hunn - Fiktiounen, dat heescht Texter, déi anescht interpretéiert ginn, wéi se wierklech an der Verfassung stinn. Den Artikel 34, Dir Dammen an Dir Hären, gehéiert zu deenen Artikelen, déi eng aner Interpretatioun, eng aner Ausleeung kritt hunn, wéi dat wierklech textuellement an der Verfassung steet.

Dofir, wa mer dee Schrëtt maachen, fir den Text haut unzepassen, maache mer eigentlech eng Upassung - an dofir hunn ech och déi Auteuren zitéiert, an ech kéint largement de Conseil d'État zitieren - zu deem, wéi den Text haut ugesi gëtt.

Nun ass et awer esou, dass den Text nach een aneren ass. A fir ze verstoen, wéisou dass een zu där doter Interpretatioun muss kommen, mengen ech, kann een de 34 och net eleng gesinn.

De Grand-Duc an déi Attributiounen, déi en huet, d'Attributiounen, déi aner Institutiounen an der Verfassung hunn, stellen ee



ginn ass, unanimement an der Chambers-kommissioun gestëmmt. Ech hu versicht, lech d'Grënn a kuerzen a verständleche Wierder duerzeleeën, an ech géif mer wënschen, dass d'Plénière der Recommandatioun vun der Kommissioun follegt an eestëmmeg deen Text hei unhëlt.

Merci.

» **Plusieurs voix**. - Très bien!

» **M. le Président**. - Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo, als éischt Riednerin, déi honorabel Madame Colette Flesch.

#### Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP)**. - Här President, léif Kolleegen, mir sinn net frou iwwert d'Ëmstänn, ënnert deene mir mussen iwwert dës Verfassungsrevisioun befannen. Wéi de Rapporteur et am Rapport vun der Verfassungskommissioun ënnerstrach huet an et haut op der Tribün erëm eng kéier gesot huet, huet säit 1868 kee Lëtzebuurger Statschef refuséiert, e Gesetz, wat vun der Chamber gestëmmt war, ze sanktionéieren an ze promulguéieren.

D'Doctrine ass sech eens, dass an enger moderner Monarchie constitutionnelle d'Sanktioun an d'Promulgatioun vu Gesetzzer, déi vum Parlament gestëmmt sinn, eng automatesch Procédure ass. An alle constitutionnellë Monarchien an Europa - an egal, wat d'Verfassung virgesäit - gëtt d'Autoritéit vum Monarch verstanen als d'Autoritéit vun der Regierung, mat där de Statschef d'exekutiv Gewalt ausféiert, an d'Sanktioun vun engem Projet de loi, dee mehrheetlech am Parlament gestëmmt ginn ass, gëtt als eng Formalitéit ugesinn.

De Rapporteur huet a sengem schrëftlechen an och a sengem mëndleche Rapport verschidde Constitutionnalisten erwähnt, de Pierre Wigny, de Francis Delpérée, a sengem schrëftleche Rapport och d'Commission de Venise vum Conseil de l'Europe; de Statsrot erwähnt de Georges Margue, den Alphonse Huss, de Pierre Pescatore. Kee vun deene Rechtsgeléierte war, bei deenen, déi haut net méi bei ons sinn, wéi bei deenen, déi haut nach liewen, e Frënd vu menger Partei. Nach deelen ech total hir Analys, an ech wëll mech hei deem ganz formell uschlëissen, esou wéi de Rapporteur et och am Numm vun onser Verfassungskommissioun gemaach huet.

Här President, mir verkennen net, dass de Statschef d'Recht huet, eng perséinlech Meenung ze hunn. Mir respektéiere se, och wa mer se net deelen. Mir sinn awer der Meenung, dass eng institutionell Attitüd muss diktéiert si vum Charakter vun der parlamentarescher Demokratie, déi ausdrécklech am Artikel 51 Paragraph 1 vun onser Verfassung virgesinn ass, vun der Tatsaach, dass hien iwwert der parteipolitescher Ausenanersetzung steet, an dass hien, laut Artikel 33 vun onser Verfassung, de Symbol vun der nationaler Unitéit ass.

Mir waren elo, Här President, mat engem Broch vun der constitutioneller Praxis a vun den institutionellen Traditiounen vun onsem Land konfrontéiert. Mir bleiwen der Meenung, dass d'constitutionnelle Monarchie déi beschte Statsform fir onst Land ass. Mir sinn der Meenung, dass mer ons an dëse schwéieren Zäite keng institutionell Kris däerfe leeschten. Duerfir si mer mam Revisionsprojet vun der Regierung averstanen.

Ëm wat geet et hei?

Mir änneren den Artikel 34 of, andeem mer d'Sanktioun, déi zu de legislativen Attributiounen gehéiert, aus dem Text vum Artikel eraushuelen, an d'Promulgatioun, déi zu den exekutiven Attributiounen gehéiert, loosse mer am Text bestoen.

De Rapporteur ass am Detail op déi Froen am Punkt 2 vu sengem schrëftleche Rapport agaangen an elo erëm a sengem mëndleche Rapport op dëser Tribün. Ech brauch also net weider op déi do Froen ze insistéieren.

Fir dem Grand-Duc ze erspuren, engem Text mussen zouzestëmmen, deen hien net kann an - ech géif soen - net soll matdis-

een also dat do, deen Deel iwwert d'legislativ Aufgab, eleng bei d'Chamber gesat hätt, hätt een et misse gegebenenfalls aus dem Kapitel 3 an d'Kapitel 4 eriwwerhuelen.

Zweetens hate mer e Problem mam Ausdrock «adopte». An engem Gesetzestext, a besonnesch bei der Verfassung, soll een ëmmer déiselwecht Wierder gebrauchen. Or, d'Verfassung schwätzt net vun «adopte», mä d'Verfassung schwätzt ëmmer vum «vote de la Chambre». Also hätt een och deen Ausdrock misse gebrauchen, well dee ganz puristesche Jurist eventuell een Ënnerscheid gesinn hätt tëschent den Termen «adopter» an «voter». Dat war eng zousätzlech Ursaach, fir deen Text net unzehuelen.

Eng lescht Ursaach war déi, dass d'Élaboratioun vun de Gesetzzer, de Werdegang, deen e Gesetz huet, vun deem Moment, wou et hei agereecht gëtt oder wou et aus der Chamber selwer kënnt, bis zu deem Moment, wou et ofgestëmmt gëtt, ee Ganzt ass. Et kann ee nëmme schwiereg dorun änneren goen, ouni och nach aner Artikelen eventuell ofzeänneren. Mir hunn an eisem Rapport och d'Artikele 47 an 48 zitéiert, déi gegebenenfalls och missten an där Ännerung mat erageholl ginn. Et soll een also net elo iwwerstierzt déi ganz Prozedur ofänneren. Et soll een dat zrëckstellen, mä et soll een et awer net vergiessen.

D'Remarque vum Conseil d'État, fir den Artikel 46 ze änneren, ass pertinent, an dofir soll och d'Verfassungskommissioun sech an nächster Zäit mat deenen doten a mat aneren Artikele beschäftegen, fir ze kucken, wat fir Dispositionen nach weider missten an der Verfassung ugepasst ginn.

Mir hunn och dofir als Verfassungskommissioun eng Resolutioun redigéiert, déi virgesäit, dass d'Verfassungskommissioun mat hiren Aarbechten, déi um Punkt waren, ofgeschloss ze ginn, a wou ee globalen Text, eng nei Redaktioun vun der Verfassung an der Chamber hätt kënnen deponeéiert ginn, soll widerfuere, dass se och all Implikatiounen, déi elo duerch deen heite Vote entstinn, soll nei ënnersichen, an dass dann d'Verfassungskommissioun nach am Laf vun dëser Legislaturperiod der Chamber een neien, kohärenten a globalen Text vun enger Verfassungsännerung soll ënnerbreeden.

Mir gesinn dat als eng Obligatioun a mir wäerten eis och do druginn. Ech kann déi Resolutioun hei, déi vun allen an der Verfassungskommissioun vertruedene Parteien ënnerschriwwen ass, och dem President iwwerreechen.

#### Résolution 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant qu'elle vient de voter en première lecture le projet de révision de l'article 34 de la Constitution;*

*- considérant que la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle examine depuis plusieurs années un projet de Proposition de révision portant modification et nouvel ordonnancement de la Constitution et qu'elle est sur le point de finaliser un texte;*

*- considérant qu'il y a lieu de tenir compte de la pratique constitutionnelle et du fait que la Constitution consacre le principe de la souveraineté nationale, du régime de la démocratie parlementaire, de la responsabilité des membres du Gouvernement et, partant, de l'irresponsabilité du Grand-Duc;*

*- considérant que la révision de l'article 34 votée en première lecture modernise la Constitution et rapproche la «Constitution écrite» de la «Constitution vécue»;*

*- considérant, toutefois, qu'il convient d'abandonner la pratique de révisions ponctuelles répétées et de procéder à une refonte fondamentale de la Constitution consacrant sa stabilité, sa prééminence et sa pérennité;*

*invite la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle à*

*- poursuivre ses travaux et à réexaminer les textes déjà mis au point en veillant à redéfinir le processus d'élaboration des lois et notamment les articles 46, 47 et 48 et à conforter le rôle du Chef d'État en qualité de garant de l'unité et de l'indépendance nationales;*

*- lui présenter avant la fin de la présente législature le projet de Proposition de révision portant modification et nouvel ordonnancement de la Constitution.*

*(s.) Paul-Henri Meyers, Félix Braz, Ben Fayot, Colette Flesch, Jacques-Yves Henckes.*

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn um Enn vu mengen Iwwerleeungen ukomm. Mir hunn dee Rapport, deen lech ënnerbreet

schriwwene Wee, fir d'Verfassung ze änneren, verlooss huet. D'Chamber huet sech net hei selbstherrlech iwwer eppes ewechgesat.

D'Chamber huet hir Aufgaben erfüllt, zesumme mat der Regierung, fir aus enger Krisesituatioun erauszekommen. De Constituant an d'Regierung si verpflichtet, wann esou eng Kris do ass, en Auswee ze sichen am Intérêt vun den Institutiounen an déi Propositiounen, déi Ännerunge virzeschloen, déi erlaben, dass och déi demokratesch Institutiounen, déi demokratesch Pouvoiren an engem Land esou kënnen fonctionnéieren, wéi de Geescht vun der Verfassung an och déi eenzel Artikelen dat virgesinn.

D'Verfassungskommissioun war der Meenung, dass, wann déi Upassung geschitt, d'Roll vun dem Statschef an dem politesche Geschéie vun eisem Land net erniddregt, mä gestärkt gëtt, am Sënn vun deem Artikel, deen ech zitéiert hunn, den Artikel 33 vun der Verfassung, deen och virgesäit, dass de Grand-Duc iwwert deem Geschéie muss stoen an op keng Aart a Weis an dat politescht Geschéien däerf mat eragezu ginn.

Duerch déi Verfassungsännerung kréie mer méi eng kloer Trennung vun de Gewalten an eisem Stat an domat eng méi modern an eng méi demokratesch Verfassung.

Duerch dës Revisioun ginn natierlech d'Prerogative vun der Chamber gestärkt. D'Chamber, déi elo déi eenzeg politesch Gewalt am Stat ass, déi fir d'Zustanekomme vun de Gesetzzer zoustänneg ass. D'Gesetz entsteet an Zukunft, wa mer den Artikel 34 änneren, net méi duerch d'Sanktioun vum Grand-Duc, mä eenzeg an eleng duerch de Vote vun der Chamber.

Den zweeten Deel vum Artikel 34 betrëfft d'Promulgatioun vun de Gesetzzer duerch de Grand-Duc. Déi Prerogativ bleift bestoen, gëtt also duerch déi hei Ofännerung net ugeréiert. An och den Délai gëtt net geännert, an deem de Grand-Duc muss handeln, fir d'Texter ze promulguéieren.

D'Promulgatioun, Dir Dammen an Dir Hären, ass awer keng Participatioun un de legislativen Aufgaben. D'Promulgatioun, dat ass d'Feststellung, dass d'Chamber ee Gesetz gestëmmt huet an et ass am Fong geholl den Uerder, fir dass d'Gesetz och muss exekutéiert ginn. Dat ass also eng Aufgab, déi de Statschef am Kader vu sengen Aufgabe vun der Exekutiv erfüllt, mä keng legislativ Aufgab méi.

De Statsrot huet sech eingehend mat där doter Fro ofginn, ech zitéieren hien hei, wou hie seet: «(...) la promulgation s'avère donc une compétence liée relevant du pouvoir exécutif du Grand-Duc qui oblige celui-ci aux termes de l'article 5 de la Constitution.» Dat heescht, de Grand-Duc muss d'Promulgatioun virhuelen, hie kann net aus där Obligatioun erausgoen. Dat ass eng Kompetenz, déi hien obligéiert, als Chef vum Exekutiv, wann ech dat esou ka soen, d'Gesetzzer, déi demokratesch gestëmmt gi sinn, déi ugeholl gi si vun der Chamber, och ze exekutéieren an ze promulguéieren.

De Statsrot hat virgeschloen, fir bei der Promulgatioun den Délai erfzesetzen, an zwar op ee Mount. D'Verfassungskommissioun war der Meenung, dass een dat net soll maachen, ënner anerem doduerch, dass, wann d'Verfassungsreform a Kraaft géif trieden, dat och eng Influenz hätt op déi Gesetzesprojeten, déi um Instanzewee sinn. Dat kënnen der eng ganz Rei sinn. Well dësen Ablack déi juristesche Konsequenzen, wat d'Applikatioun vun der Verfassungsreform an der Zäit ugeet, net kënnen iwwersi ginn, ass et besser, mir bleiwe bei deenen dräi Méint, wat awer net ausschléisst, dass ee spéider eventuell op dee Wee do ka goen, nodeem een all juristesche Konsequenzen an Implikatiounen vun esou enger Reduktioun vum Délai ënnersicht huet, an dat soll een, an eisen Aen, an aller Rou, an aller Serenitéit maachen.

Eng zweet Ofännerung vum Statsrot war déi, fir och den Artikel 46 vun der Verfassung ofzeänneren, dee ganz sécher och der Situatioun vun haut net méi entsprécht. Den Artikel 46 seet: «L'assentiment de la Chambre des Députés est requis pour toute loi.» La Chambre ne donne pas son assentiment, la Chambre vote. De Conseil d'État hat proposéiert, deen Text ze ersetzen doduerch, dass ee géif soen «La Chambre adopte» oder «Les lois sont adoptées». D'Kommissioun hat do dräi Bedenken zu deem Virschlag.

Éischstens emol steet déi legislativ Prozedur iwwert de Werdegang vun de Gesetzzer an engem Kapitel, dat net ënnert der Chamber steet, mä ënnert dem Kapitel 3 vun der Puissance souveraine, wou och d'Prerogative vum Grand-Duc drënner stinn. Wann

Ganzt duer. An et kann ee schwierereg een Artikel aus der Verfassung erausräissen an interpretéieren, ouni déi ganz Verfassung ze gesinn, well d'Verfassung ass en Zesummespill vun den Institutiounen.

Et ass eng gewëssen Harmonie dran. Et ass eng gewësse Konsequenz dran, wou ee muss kucken, wann een eng Interpretatioun gëtt, wat fir eng Influenz dat op aner Texter kann hunn a wéi een domat eventuell a Contradictioun mat aneren Texter kënnt.

Et muss een och kucken, wat de Geescht vun der Verfassung vun haut ass a wéi mer haut eis Verfassung, wann ech ka soen, am Ufank vum 21. Jorhonnet gesinn a wat fir e Rôle déi eenzel Pouvoiren an der Verfassung hunn a wéi déi eenzel Pouvoiren an engem, géif ech soen, harmoneschen Zesummespill, an engem gewëssene Gläichgewiicht hir Aufgabe mussen exerzéieren.

Et ass och esou geduecht, dass kee vun deene Pouvoiren iwwerhand ka kréien, dass och kee vun deene Pouvoire kann déi Harmonie stéieren an dass och kee vun deene Pouvoiren esou wäit wéi méiglech Krisen eropbeschwiere kann an ee Blocage maache vun deem, wat mer als dat demokratescht Geschéien an eisem Land considéréieren.

An deem Zesummenhang, Dir Dammen an Dir Hären, mengen ech wier et wichteg, dass een emol kuckt, wéi dann am Laf vun der Zäit d'Verfassung sech op anere Punkte geännert huet.

1856 - wann Der lech un déi Verfassung, déi duerch ee Coup d'État zustane komm ass, nach kënnt erënneren - stoung nach dran, dass d'Puissance souveraine, d'Souveränitéit, an der Persoun vum Monarch, vum Roi Grand-Duc géif bestoen. Dat ass e puer Joer duerno erëm geännert ginn.

Mä et ass awer symptomatesch, wa mer haut dorun denken, wat fir eng Opfaassung dass et war. D'Opfaassung vum Stat, wou de Monarch am Mëttelpunkt stoung, an net, wéi mer et haut ëmfaassen, iwwert den Institutiounen.

Dat ass geännert ginn a verschiddenen Etappen. Ech erënneren hei un d'Revisioun vun 1919, wou festgehalen ginn ass, dass d'Souveränitéit, d'Puissance souveraine bei der Natioun géif leien. Ech erënneren och un déi Ännerung vun 1948, wou am Artikel 51 den Zousaz an d'Verfassung komm ass, dass Lëtzebuerg no engem Régime de la démocratie parlementaire géif liewen.

An ech erënneren un d'Revisioun vun 1998, wou d'Roll an d'Positioun vum Statschef nei definéiert gi sinn an de folgenden Text an d'Verfassung koom: «Le Grand-Duc est le Chef de l'État, symbole de son unité et garant de l'indépendance nationale.»

Dat ass eng wichteg Ausso an et ass am Fong geholl de Kärartikel iwwert de Grand-Duc, ëm dee sech all déi aner Attributiounen a Fonctiounen mussen orientéieren a gestalten.

An dann erënneren ech och drun, dass de Statschef, de Monarch inviolabel ass an a sengen Akten irresponsabel. Dat heescht, hie ka vu sech aus näischt décidéieren, näischt maachen, ouni dass déi Décisiounen vun him contresignéiert si vun engem Member vun der Regierung - vun engem, vu méi oder vun der ganzer Regierung -, déi dann d'politesch Responsabilitéit ze droen huet, déi virum Parlament a virum Vollek muss riichtstoe fir dat, wat de Grand-Duc ënnerschriwwen huet.

Dat ass ee wichtegt Element an dat ass indispensabel an enger Monarchie, fir dass se och demokratesch ka genannt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, an deem Sënn, an deem Bléck op de Statut, op déi besonnesch Aufgabe vum Grand-Duc, muss een och all déi Bestëmmunge vun der Verfassung gesinn. Ech hunn der e puer zitéiert, déi sech mat dem Grand-Duc a mat sengen Aufgabe befaassen.

De Grand-Duc kann net op déiselwecht Manéier un der gesetzgeberescher Aarbecht participéiere wéi d'Chamber selwer. Dat huet de Statsrot kloer rappeléiert. An ech mengen dat musse mer eis och virun Aen halen, well de Grand-Duc no baussen net ka kommunizéieren. Hie ka seng Meenung nëmme soe mat an iwwert d'Regierung.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, all déi dote Grënn hunn an där Zäit an an där Konstellatioun, wou mer elo sinn, d'Regierung derzou geféiert, fir en neien Text vum Artikel 34 ze proposéieren.

D'Verfassungskommissioun huet dofir eestëmmeg festgestallt, dass duerch d'Revisioun vum Artikel 34 - an dat wëll ech awer hei bäifügen - d'Chamber a kengem Moment dee verfassungsméisseg virge-



kutéieren, andeem hie säin Averständnis aus perséinleche Grënn net wëllt ginn, huele mer d'Sanktioun aus dem Verfassungstext eraus.

Mir mengen, déi Ännerung géif ons Verfassung moderniséieren, den Artikel 34 an Aklang brénge mam Artikel 32 vun onser Verfassung, deem de Prinzip festschreift, dass d'national Souveränitéit bei der Natioun läit; mam Artikel 51, dee Lëtzebuerg ënnert de Regime vun der parlamentarescher Demokratie stellt; mam Artikel 33, deem de Grand-Duc zum Symbol vun der nationaler Unitéit mécht, a mam Artikel 45, deem e Contreseing ministériel verlaangt an domadder d'politesch Responsabilitéit vun der Regierung an d'Irresponsabilitéit vum Grand-Duc verankert.

Mir mengen also, déi Ännerung, iwwert déi mer haut diskutéieren, wär e Schrëtt an déi richteg Richtung. Si stäerkt, wéi de Rapporteur et hei gesot huet, och de Rôle vun der Chamber.

Si muss, wéi de Statsrot an de Rapporteur et ënnerstrach hunn, nach vun anere Verfassungsännerunge begleet ginn. Mä mir sinn der Meenung, dass mer dat net sollen haut virhuelen. D'Verfassungskommissioun soll sech an aller Serenitéit am Januar der Saach unhuelen.

Här President, dat bréngt mech zu engem zweete Punkt, deem och vum Statsrot opgeworf ginn ass. Vun 1868 un ass ons Verfassung revidéiert ginn - 1919 an 1948 aus verständlechen Ursaachen. 1956 hu mer den Artikel 49bis ageschriwwen, fir dass mer konnten den Europäesche Gemeinschafte bäitrieden. 1972, do ass d'Wahlalter op 18 Joer erofgesat ginn, an 1979 ass se och nach geännert ginn. Vun den 80er Joren u goufen d'Ännerungen ëmmer méi heefeg, an, wéi de Statsrot et ënnerstrach huet a sengem Avis, hu se sech vun 2003 u multiplizéiert, wéi d'Prozedur vun der Verfassungsrevisioun vereinfacht gouf.

D'Verfassungsännerungen, déi mer also virgeholl hunn, egal wéi wichteg se waren, waren ëmmer punktuell. An anere Wieder, mir si stéckerchersweis virgaangen, an dat ass bei enger Verfassung net glécklech.

Säit e puer Legislaturen ass eng allgemeng Revisioun a Moderniséierung vun onser Verfassung ugeduecht ginn. Et sinn e puer Usätz gemaach ginn. Mä dee Plang ass awer eréischt an dëser Legislaturperiod richtig zum Droe komm.

Ënnert dem kompetente Leadership vun onsem President-Rapporteur, dem Här Paul-Henri Meyers, schaffe mir säit véier Joer un enger Modifikatioun an engem neien Ordonnancement, dat heescht engem neien Zesummestelle vun onser Verfassung. Déi Aarbechte si wäitgehend ofgeschloss.

Duerfir och, Här President, bedauere mer, dass mer haut nach eng Kéier eng punktuell

Revisioun musse virhuelen. Mä mir mengen, si wär néideg.

Ech wëll och hei dem Rapporteur, dem Här Meyers, Merci soe fir dëse Rapport, souwuel dem schrëftleche wéi och dem mëndlechen, deem hien ons de Mëtteg hei virgedroen huet. Ech wëll mech sengen Iwwerleeungen a senge Schlussfolgerunge voll uschléissen.

Mir sinn och mat him a mat der Verfassungskommissioun der Meenung, dass mer solle bei deem Délai bleiwen, an deem d'Promulgatioun ze erfollegen huet, an dass mer à ce stade solle bei dräi Méint bleiwen.

Mir mengen awer och, dass ee muss dat Ganzt elo iwwerkucken, an dass notamment den Artikel 46 a vläicht och de 47 an den 48 mussen nogekuckt ginn, ob mer déi net och vläicht sollen adaptéieren. Mä dat soll am Kader vun deenen Aarbechten erfollegen, déi de Moment an der Verfassungskommissioun - ech muss soen - an enger ganz konstruktiver an net konfliktueller oder oppositioneller Aart a Weis duerchgeféiert gi sinn, wou mer alleguer besuergt waren, dee beschten Text ze fannen, deem dësem oder deem Problem déi beschte Léisunge konnt bréngen.

Deen Text, deem elo virläit als Proposition, ass nach net ganz fäerdeg. Deen een oder deem aneren Artikel, notamment de 66, muss nach gekuckt ginn, mä mir sinn awer op deene meeschte Punkten eens, an dat si Punkten, déi sécherlech net alleguerte mam Rôle vum Grand-Duc a vun der Chamber ze dinn hunn, mä wou mer versicht hunn, d'Constitution écrite méi no ze bréngen un d'Constitution vécue, wéi de Conseil d'État esou schéi seet, oder de Pays légal méi no ze bréngen un de Pays réel.

Mir mengen also, dass am Januar déi Aarbechte solle weidergeféiert ginn. An duerfir wäert et lech net wonneren, Här President, wann ech soen, dass ons Fraktioun och wäert déi Resolutioun stëmmen, déi den Här Meyers elo am Numm vun der Verfassungskommissioun agereecht huet.

Ofschléissend also, Här President, bréngen ech den Accord vun onser Fraktioun zum Projet de révision vum Artikel 34 vun der Verfassung an zur Resolutioun.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Revisioun vum Artikel 34 vun eiser Verfassung däerf een net isoléiert gesinn. Si kënnt zwar schnell, mä si kënnt eigentlech net iwwerraschend. Net iwwerraschend fir déi, déi während laange Joren elo am Kader vun eiser zoustänneger Chamberskommissioun iwwer nei Verfassungstexter nodenken.

Si schreift sech och an eng ganz Rëtsch vu Verfassungsännerungen an, déi dëst Parlament respektiv déi Parlamenter virdrun

zënter den 80er Joren un eiser Verfassung virgeholl hunn, mat engem Rhythmus, deem eigentlech mat de Joren ëmmer méi schnell ginn ass.

D'Moderniséiere vun eisem Verfassungstext ass néideg. Dat ass keng nei Erkenntnis. Dat ass eng Kenntnis, déi mer scho laang hunn, well deem Text zu groussen Deeler net nëmmen op d'Joer 1868 zrëckgeet, mä a wesentleche Punkten eigentlech nach 20 Joer méi al ass an op 1848 zrëckgeet, also an eng Zäit zrëckgeet an an enger Wuertwahl verfaasst ass, déi ganz an den Ufänk stinn vum Parlamentarismus zu Lëtzebuerg, wou et nach staark Monarchie gi sinn, wou et nach keen allgemengt Wahlrecht ginn ass, wou et nach keng Parteie gi sinn, wou et nach keng strukturiert Majoritéitsverhältnisse zu Lëtzebuerg gi sinn. Also komme wesentlech Passagé vun eisem aktuelle Verfassungstext aus virdemokrateschen Zäiten.

Duerfir ass d'Chamber an deene leschte Jorzéngten ëmmer erëm zu enger schrëttweiser Upassung vun dem Verfassungstext komm, fir den Text un déi politesch Realitéit unzepassen, fir eng Fusioun ze maachen tëschent der Theorie vun engem Verfassungstext an der gelieftener Praxis vun der Politik a vun den Institutiounen hei zu Lëtzebuerg.

Et ass eng absolut Noutwendegkeet ginn, fir systematesch un déi Aarbecht erunzegoen, well mer zënter eppes méi wéi zéng Joer och eng Kontroll vun der Verfassungsméissegkeet vun de Gesetzer agefouert hunn. Eleng dat huet et schonn néideg gemaach, dass mer an eenzelne Punkte schnell musse reagéieren als Parlament, fir opgrond och vun enger Interpretatioun vun eiser Cour constitutionnelle, déi éischter wuertgetrei ass, eng Rei vun Artikelen vun eiser Verfassung un d'Realéit unzepassen.

Ech wëll drun erënneren, dass schonn Enn vun den 80er Jore wesentlech Reforme gemaach si ginn, déi och d'Persoun an d'Fonction vum Grand-Duc betreffen. Den Artikel 4, wou d'Persoun vum Grand-Duc net méi helleg ass, mä awer nach ëmmer - an dat ass wesentlech - onverletzlech, dat heescht also politesch irresponsabel ass an zivil a penal irresponsabel ass.

Den Artikel 32 ass hei geännert ginn an den 80er Joren, wou mer ronderëm d'Souveraineté nationale an d'Ausübung vun der Souveraineté nationale nei Texter formuléiert hunn, déi der Realitéit méi Rechnung droen, a schliesslech den Artikel 33, deem erstmoleg d'Aufgab, d'Missioun vum Grand-Duc definéiert. Ech soen et nach eng Kéier: «Le Grand-Duc est le Chef de l'État, symbole de son unité et garant de l'indépendance nationale.»

Den Artikel 45 ass en zentralen Artikel am Versteesdemech vun de ganzen Institutiounen hei zu Lëtzebuerg, well en handelt vun dem Contreseing, der Géigenzeechung also, déi e Minister, e responsabele Minister muss maachen, wat all Akte vum Grand-Duc ugeet, wouzou mer also iwwergaange sinn.

Dee leschte Pouvoir, deem de Grand-Duc eigentlech nach konnt eleng exerzéieren -

deen, fir gewëssen Dekoratiounen un Auslänner ze ginn -, huet hien duerch d'Chamber ewechgeholl kritt an den 80er Joren.

All Akt also, och en Acte de refus - och eng Omissioun ass en Acte politique - an all Acte politique vum Grand-Duc kann eréischt seng Effeten hunn, wann hie géigegezeechent ass duerch e responsabele Member vun der Regierung. Dat gëllt och fir en eventuelle Refus, fir d'Sanktioun vun engem Gesetz ze maachen. De Grand-Duc kann a mengen Aen och déi dote Prerogativen ni eleng ausféieren. Hie kéint se nëmmen am Zesummespill mat der Regierung ausféieren.

Och fir all oder déi meescht Auteuren am Ausland, wa se iwwerhaupt deem dote Fall nach considéieren, ass et en Automatismus, dass de Statschef ënnerscheift, wann e Parlament demokratesch ofgestëmmt huet iwwer e Gesetzestext.

Mä all déi Auteuren, déi iwwerhaupt nach déi doten Hypothees vun engem méigleche Refus vum Statschef considéieren, maachen dat ëmmer erëm nëmmen am Zesummenhang, dass de Statschef dat zesumme mat der Regierung géif maachen. Dat ass manifestement an deem spezielle Fall, deem eis hei ugeet, jo net de Fall.

Ech wëll och drun erënneren, dass eis Kommissioun ënnert der Presidentschaft vum Paul-Henri Meyers de 26. November 2008 eigentlech prinzipiell en Accord fonnt hat iwwer eng nei Verfassung, iwwer eng grondleeënd Emformuléierung an Emstrukturierung vun eisem Verfassungstext, nodeem mer jorelaang dorunner geschafft hunn. All Froe sinn undiskutéiert ginn, ausdiskutéiert ginn, an och deem heiten Artikel war Bestanddeel vun eisen Deliberatiounen.

Ech wëll hei net verheemlechen, dass e gewësse Moment vun der Diskussioun d'Kommissioun wollt méi wäit goen, méi wäit goe wéi dat souguer nach hei proposéiert ass. Mir sinn u sech awer op eis éischt Iddi zrëckkomm, opgrond och vun Diskussiounen, déi mer mam Statsminister haten, an ech mengen och, dass virdrun de Statsminister iwwert déi dote Fro mam Grand-Duc diskutéiert hat.

Alles dat sinn also Saachen, déi am Floss sinn, si Meenungen, déi sech maachen, an elo si mer op engem Punkt ukomm, wou mer och müssen hei eng Décisioun huelen.

Ech wëll awer soen, dass, wann ee sech kann doriwwer bekloen, dass dat heiten elo e bësse schnell geet, ech allerdéngs muss soen, dass déi Drénglechkeet vun där heiter Fro net d'Schold vun der Chamber ass.

D'Chamber huet laang iwwert déi Fro hei diskutéiert, mä déi heiten Diskussioun elo an hirer Urgence ass net déclenchéiert gi vu Säite vun der Chamber, mä et ass u sech de Statschef selwer, deem à l'origine vun enger gewësser Précipitatioun ass, an där mer müssen deem heiten Text verabschiden, och wann d'Diskussioun selbstverständlech am Virfeld vill méi breet war, wéi dat elo den Uschäin no baussen huet.

Mir sinn och der Meenung, dass mer selbstverständlech eis Aarbechte weider solle féieren an och provisoresch ofschléisse



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**  
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live



virum Enn vun dëser Legislaturperiod am Kader vun der zoustänneger Chambers-kommissioun, och mam Dépôt da wa méiglech vun enger Proposition de révision, déi och kuerz kéint hei am Plenum eng éischt Diskussioun kréien. Déi definitiv Décisioun, dat ass eng Fro vun där nächster Constituante; dat ass eng Fro, déi muss tranchéiert gi vun deem nächste Parlament.

Déi Aarbechte kréien e bëssen elo eng nei Nues, well mer einfach duerch déi Interpretatioun, déi de Statschef vu senge Prerogative mécht, zumindest wat een Artikel ugeet, awer och een anert Licht kréie grad elo op aner Passagë vun der Verfassung, déi mer och musse frësch kucken. Dat gëtt also e ganz anere Bléckwénkel, dee mer elo müssen op dat Ganzt erëm frësch werfen, mat dem Zil, fir eng absolut Rechtssécherheet hierzestellen.

Et ass wichteg, dass dat iewescht Gesetz vun engem Land eenheetlech interpretéiert gëtt vu sämtlechen institutionellen Acteuren hei am Land. Et kann net sinn, dass een dat anescht mécht wéi deem aneren. Do si Krisen, do si manifest Konfrontatiounen da virprogramméiert. Et geet eis dorëm, dass mer also kloerstellen, wéi de Regime vun enger Monarchie am Kader vun enger parlamentarescher Demokratie vum 21. Jorhonnert ze fonctionnéieren huet.

D'Revisioun vum Artikel 34 ass also eng éischt Etapp vun enger méi breeder Revisioun, déi mer laang préparéiert hunn a wou mer kuerz virum Ofschloss vun eisen Aarbechte stinn.

D'Zil vun där Operatioun ass et net - ech wëll dat awer och gradesou daitlech soen -, d'Roll vum Grand-Duc ze beschneiden. Déi Befugnisser, déi hien tatsächlech huet, déi Befugnisser, déi hie reell huet, déi soll hie selbstverständlech behalen. Et geet ganz einfach dorëm, dass mer d'politesch Realitéit an d'Verfassungspraxis vun iwwer 150 Joer an nei Texter géissen, fir dass dat hieb-a stichfest ass an dass net méi kann dorunner gerüttelt ginn.

Mat der LSAP ass awer och gradesou kloer, dass et kee Réckmarsch an d'Ufank vum 19. Jorhonnert hei zu Lëtzebuerg wäert ginn.

Ech mengen, dass mer gutt berode wären, wa mer eis éischter un deem fir mech dach ganz respektabele Modell vun enger schwedescher Monarchie géifen inspiréieren. Op jidde Fall wann ech soen „inspiréieren“, dann heescht dat net, eent zu eent dee Modell iwwerhuelen. Mä et ass awer déi Richtung, déi mer sollte weidervolllegen. Dat schéngt mer méi e respektabele Modell ze si wéi déi vu Monaco oder vu Liechtenstein, wat fir mech keng Aushängeschëlde si vun engem moderne Stat an déi sécherlech och net dierfen de Modell gi vun engem institutionelle System hei zu Lëtzebuerg.

» Une voix.- Très bien!

» M. Alex Bodry (LSAP).- Et geet och hie ëm d'Glafwierdegkeet vun eisem Land no baussen an der Europäescher Unioun an an der Welt.

D'Monarchie ass net a Fro gestallt. Si ass legal ofgeséichert duerch d'Verfassung. Si ass legitiméiert duerch e Referendum an duerch déi Popularitéit, déi se nach wie vor hei zu Lëtzebuerg huet. D'Monarchie gëtt och vun eiser Partei net a Fro gestallt, wann d'Monarchie selwer d'Regele vun der parlamentarescher Demokratie respektéiert an eng Verfassungspraxis respektéiert, déi iwwer 150 Joer al ass.

Den Artikel 34 leet an eisen Aen e formelle Pouvoir vum Grand-Duc fest: d'Recht, e gestëmmt Gesetz ze sanktionéieren an ze promulguéieren.

Där formeller Pouvoirë gëtt et der nach vill an der Lëtzebuurger Verfassung: de Pouvoir vum Grand-Duc, Gesetzesprojeten anzereechen; de Pouvoir vum Grand-Duc, Traitéen ze maachen; de Pouvoir vum Grand-Duc, d'Chamber anzeberuffen an d'Chamber opzeléisen.

Et muss weider kloer bleiwen, dass dat dote Prerogative vum Grand-Duc sinn, déi eigentlech vun der Regierung exerzéiert ginn, mat der Ënnerschrëft vum Grand-Duc a mat der Géigenzeechnung vu Membere vun der Regierung. Dat muss d'Ausrichtung vun den nächsten Diskussiounen sinn, fir dat doten och géintiwuer all falschen Interpretatiounen kloerzestellen.

Ech betounen nach eng kéier, wat och scho Virriedner gesot hunn: Eis Verfassung, a besonnesch och dat Kapitel iwwert déi sougenannte Prerogative vum Grand-Duc, ass nëmme richteg ze liesen, wann ee se liest am Zesummenhang mam Artikel 45, dee seet, dass all Akt muss vun engem responsabele Minister géigegezeechent ginn, an och am Zesummenhang mam Artikel 4,

dee seet, dass de Grand-Duc irresponsabel ass, dat heescht, dass hien also och kee politeschen Akt kann eleng setzen, well hie keng politesch Responsabilitéit huet a viru kengem eigentlech verantwortlech ass fir dat, wat e mécht. Déi Verantwortung muss en aneren iwwerhuelen.

Wat mer ganz kloer net kënnen akzeptéieren, dat ass, dass iwwert déi Interpretatioun, déi elo vum Statschef gemaach gëtt, vun deem Artikel 34, dass iwwert dee Wee géif eigentlech e groussherzoglecht Vetorecht zu Lëtzebuerg agefouert ginn. Esou e Vetorecht huet et eigentlech zu Lëtzebuerg net ginn, an dat soen och all Auteuren, déi sech mat deene Froen hei zu Lëtzebuerg an och an anere Monarchië beschäftegt hunn, dass de Fait, dass kee Vetorecht vum Monarch besteet, eng essenziell Etapp war viru laange Joren an der Genèse vum parlamentaresche System. Wann een déi Etapp a Fro stellt, da stellt een eigentlech och d'Essenz vun engem moderne parlamentaresche System a Fro. Dat dierf et, mengen ech, net ginn. Do si mer eis an alle Bänken hei am Parlament eens.

Wat nach hei un den Dag komm ass, ass och eppes, wat e Broch duerstellt mat enger gängeger Praxis, an zwar dass, méinst der Onverantwortlechkeet vum Statschef, de Statschef och net öffentlech a kontrovers politesch Diskussiounen anzegräifen huet. En Agrëff besteet schonn doranner, dass hie seng Meenung zu engem kontroversen Thema öffentlech mécht.

De Monarch huet selbstverständlech och eng privat Meenung. Déi Meenung huet hien awer privat ze äusseren. Hien huet eng Aflossméiglechkeet. Déi Aflossméiglechkeeten, déi muss hie bei der Regierung versiche geltend ze maachen. Doriwwer eraus huet e Monarch sech an eisem Verfassungssystem an 150 Joer net zu ëmstridenen a net zu kontroverse politesche Froen ze äusseren an iwwert deem dote Wee natierlech och Afloss ze huelen, eventuell, op de Verlaf vun esou enger politescher Diskussioun an der Öffentlechkeet.

De Grand-Duc kann encouragéieren, hie kann découragéieren, hien huet d'Recht informéiert ze ginn, hien huet och d'Recht consultéiert ze gi bei wichtige Froen vun der Regierung, mä doriwwer eraus huet hie keng reell politesch Pouvoiren, et sief dann, a besonnesche Situatiounen a Krisenzäiten. D'Beispill vun der Belsch beweist dat e bëssen. D'belsch Krichszäiten zum Beispill, dat gëtt eng aner Situatioun, do kann de Monarch zum Deel aner Pouvoiren zougestane kréien, wéi dat elo de Fall ass. Mä am Normalfall ass et net anescht, an do ënnerscheet sech eis Interpretatioun net vun där, déi an der Belsch, an Holland, an Dänemark, an Norwegen, a Schweden an allen demokratesche Monarchien, wéi mer se hei an Europa kennen, gemaach gëtt. Do ass dat iwwerall d'selwecht. Dat ass néierens anescht op deem dote Punkt.

Eng lescht Fro, déi ech wëllt ervirsträichen - an déi mech eigentlech traureg mécht an där ganzer Diskussioun dobaussen, och an eenzelne Stellungnahmen, déi een a leschter Zäit zu deenen dote Froen héieren huet -, dass hei eng Verméschung gemaach gëtt tëschent der institutioneller Fro, déi mer haut behandelen a probéieren ze tranchéieren, an där politesch inhaltlicher Fro ronderëm eng Gesetzespropositioun, déi deemnächst wäert hei an der Chamber diskutéiert ginn. Dat sinn zwou verschide Saachen. Déi dierf een net matenee verméschen. De Statschef huet déi zwou Froen matenee verméscht. Mä mir müssen et fäerdeg bréngen, déi zwou Saachen erëm kloer ze trennen, an d'Diskussioun - bis elo zumindest - beweist, dass hei déi Trennung gemaach ginn ass.

Ech muss allerdéngs soen, wann ech kucken, wat e fréiere Minister, wat eng fréier Chamberspräsidentin an aner Leit an deem doten Zesummenhang vun Deklaratiounen gemaach hunn a leschter Zäit, da sinn ech erschreckt, muss ech soen, iwwert deem Amalgam, deem do gemaach gëtt, tëschent institutionelle Froen, op där enger Sait, a politesch inhaltliche Froen op där anerer Sait. Dat eent huet eigentlech mat deem aneren näischt ze dinn, an duerfir musse mir zumindest et fäerdeg bréngen, déi zwou Saachen hei propper ze trennen an där Diskussioun, déi mer haut hei ze féieren hunn. An déi aner Diskussioun, déi féiere mer d'nächst Woch am Parlament. Dat sinn zwou verschide Saachen.

Wichteg ass et also, dass de Monarch widerhi glafwierdeg bleift, als Symbol vun der Eenheet vum Land, glafwierdeg bleift, iwwert de Parteie steet, eng Autoritéit duerstellt doduerjer, dass hien eigentlech iwwert de Parteie steet an net zu aktuelle politeschen Themen direkt Stellung bezitt. Dat ass eng wesentlech Fro, och fir d'Erhaltung vun der Monarchie an d'Akzeptanz vun

Prinzip vun der Monarchie an enger moderner Demokratie.

Well d'Monarchie ass jo u sech e System, deem opgebaut ass op der Héréditéit. Also e System, wou de Statschef net sur le mérite, net sur élection, mä eigentlech iwwert d'lërfschaftsfolleg festgeluecht gëtt. Dat ass en Anachronismus an engem modernen, demokratesche System, wou alles op der direkter Wahl opgebaut ass. Nach mengen ech, dass déi zwou Saachen kënnen an Aklang bruecht ginn, awer nëmmen am Respekt vun de Missiounen vun deenen engen a vun deem aneren.

Duerfir mengen ech, dass et wichteg ass, dass mer erëm eng kéier op déi Erfahrung opbauen, op déi Praxis opbauen, wéi se sech während laange Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg gefestegt huet. Och an allen aneren europäesche Monarchien, déi deem Numm verdéngen, war dat net anescht.

Ech kommen zum Schluss. Dës Reform ass also néideg. Et wäerte weiderer missen nokommen. Si ass och, mengen ech, richteg ugaangen an deem minimalen Text vun der Regierung. Och d'LSAP ass der Meenung, dass mer u sech net sollten op de Wee goen, deem de Conseil d'État virgezeechent huet. Op där enger Sait, well ech mengen, dass et näischt bréngt, an dësem Moment, op den Artikel 46 och nach eng kéier zréckzekommen, wat den Assentiment vun der Chamber ugeet. Dat kënnen mer an enger allgemenger Reflexioun ronderëm d'legislativ Prozedur maachen.

Besonnesch wär et, an dësem Moment, héchst riskant, an eisen Aen, eppes um Délai vun den dräi Méint ze änneren, well dat soss kënt zu Interpretatiounsschwieregkeete féiere fir all déi Gesetzer, déi elo ënnert dëser Verfassung nach géife gestëmmt ginn an déi eventuell ënner engem anere Verfassungstext géife vum Statschef ënnerezeechent ginn. Duerfir, loosse mer hei beim Regierungstext bleiwen. Et ass d'Aufgab vun der Chamber, dëst Reformwierk bis un d'Enn ze féieren.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Bodry. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Braz. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Merci fir d'éischt vun der grénger Fraktioun un de Président-rapporteur, den Här Meyers, deem a ganz prezisen an detaillierte Wierder erkläert huet, wat mer haut de Mëtteg fir e Vote wëlle virhuelen.

Et ass eng Aarbecht, déi och séier gemaach ginn ass. En Ëmstand, deem am Land fir munch Kritik gesuergt huet, déi mer awer fir unbegrënnt halen, well d'Formen, déi d'Verfassung verlaangt, si kloer. Iwwert d'Diligence oder d'Lenteur vun der Prozedur steet näischt an der Verfassung. Et ass also erlaabt, och am Respekt vun der Verfassung, fir séier ze schaffen, wann d'Aarbecht gutt gemaach ass. Dat ass, eiser Meenung no, hei de Fall.

De Grand-Duc huet der Regierung an de Fraktiounen matgedeelt, dass hien e Gesetz net wëllt ënnerschreiwen. Dat huet fir vill Diskussiounen an och fir munchen Duercherneen am Land gesuergt iwwert de Rôle vun den Institutiounen, d'Institioun vum Chef d'État, awer och d'Zesummespill mat den aneren Institutiounen. Et gëtt doriwwer diskutéiert, ob de Grand-Duc dat, wat hien hei mécht oder net mécht, dierf oder net dierf.

D'Wourecht ass, mir hunn en ale Verfassungstext, deem, an dat hunn och scho munch Virriedner gesot, mat senger Praxis oft net no um Text ass, esou dass d'Äntwert op déi Fro, wann ee sech à la lettre un den Text hält, fir muncher kënt sinn, dass de Grand-Duc dat haut nach, am Joer 2008, dierf. D'Äntwert ass awer ganz kloer, fir all déi, déi sech mat der Matière beschäftegen, an et sinn der muncher de Mëtteg hei schonn zitéiert ginn, dass de Grand-Duc hei mat Sécherheet säin institutionelle Rôle net zu 100% respektéiert huet.

De Grand-Duc huet also ugekënnegt, e Gesetz net wëllen ze ënnerschreiwen, an hie refuséiert domadder, zu engem bestëmtenen Deel, säi Rôle ze spillen, an domadder si mir als gréng Fraktioun net d'accord.

De Statsrot, an och de Rapporteur, hu mat enger ganzer Rei Argumenter beluecht, firwat dass déi Sanction-promulgation, déi an enger eenzeger Ënnerschrëft stattfënn, zënter Jorzéngten nëmmen eng Formalitéit ass an och haut nëmmen dierft sinn. Et ass en Automatismus.

De Statschef huet zu Lëtzebuerg kee Vetorecht bei Gesetzer. Doriwwer gëtt et keen Zweifel. Säi Rôle ass et, Gesetzer ze sanktionéieren an ze promulguéieren. Soss, wann hien dat net mécht, hätte mer elo zu Lëtzebuerg net nëmmen eng institutionell Kris - well déi hu mer, och wa mer dobäi sinn, eng Léisung fir se ze fannen -, mä dann hätte mer och nach eng Regierungskris, well d'Regierung hätt dann, eiser Meenung no, missen hir Demissioun areeichen, an dat hätt, eiser Meenung no, zu näischt anescht kënnen féiere wéi zu Neiwahlen.

Dat an enger Situatioun, wou mer virun enger Kris stinn an deelweis dra sinn, enger wirtschaftlecher Kris, wéi d'Land se zënter ganz laange Joren net kannt huet! Duerfir menge mir, dass an dëser Situatioun dat doten nach derbäizebrénge kee besonnenen Akt ass a keen Zeechen ass vun engem wierklech feelerlose Sënn fir d'Intérêt vum Land, besonnesch an dëser schwéierier Situatioun. Wa mer dat évitéiert kréien, da läit dat dorunner, dass anerer am Land hire constitutionnellé Rôle voll gespillt hunn a voll spillen.

Et héiert ee jo och dobaussen, dass et Leit gëtt, déi Verständnes opbréngen, net fir d'Attitud vum Statschef, mä fir säin Handeln oder säin Nethandelen, well déi Verméschung gemaach gëtt, déi de Kolleeg Bodry och scho beschriwwen huet, tëschent deem Gesetz, wat de Grand-Duc net wëlles huet ze ënnerschreiwen, a sengem institutionelle Rôle. Dat ass och eemoleg bis elo gewiescht, an et huet een heiansdo den Androck, d'Leit géife soen: „Wat ass dann, déi eng kéier do! Et huet dach jiddwereen e Recht op seng Gewëssensfräiheet.“

Et muss ee sech awer emol virstellen, wat da wier, wann all d'Institutiounen hei am Land sech dat Recht do géifen eraushuelen! Mir hu méi Institutiounen. Mir hunn net nëmmen de Statschef. Mir hunn och eng Regierung. Mir hunn och e Parlament. Mir hu Geriichter. Wat wier, wann all d'Institiounen sech géifen eraushuelen, och nëmmen eemol, net hire Rôle ze spillen an hir Missioun komplett a lückenlos ze erfüllen?

Wat wier, wann d'Regierung eng kéier géif ouni Gesetz handeln, bei eppes, wat de Membere vun der Regierung ganz wichteg wier? Si hätten zwar keng Base légale, mä fir eng kéier wëllte se et maachen. Hätte mer dofir Verständnes? Neen!

Wat wier, wann d'Polizei eng kéier, well se ee guer net kënt brauchen, dee wëllt an de Prisong setzen? Ouni Uerteel, ausserhalb vun de Gesetzer, eng kéier just. Hätte mer dofir Verständnes? Neen!

Wat wier, wann d'Geriichter ee géife condemnéieren ouni Base légale, ouni Preuven? Eng kéier, just well deem Riichter deem net passt. Géife mer dat akzeptéieren? Neen! Zu Recht géife mer dat net akzeptéieren.

Wat wier, wann d'Chamber géif Gesetzer maachen, déi sech net un d'Verfassung géifen halen? Eng kéier.

» Une voix.- Permanent!

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Wann eng Majoritéit géif zustane kommen, déi sech net un d'Forme géif halen an awer géif wëllen e Beschluss huelen? Wat ass, wann eng Chamber an eng Regierung eng kéier wëllte retroaktiv Gesetzer maachen? A Steier- an a Rentefroen? Eng kéier réckwierkend d'Steieren erhéien oder d'Rente kierzten? Nëmmen eng kéier, well dat d'Leit géif arrangéieren. Géife mer dat akzeptéieren, och wann et nëmmen eemol wier?

Mir menge ganz kloer, dass d'Äntwert Neen ass, dass mer dat net géifen akzeptéieren. Och wann et nëmmen eemol ass, ass falsch falsch. Dat geet net fir déi gréng Fraktioun, an dat geet och eiser Meenung no net, well all d'Institiounen sech un déi Regeln do halen.

Et ass also net näischt, wann de Grand-Duc seet: „Ech wëll e Gesetz net ënnerschreiwen.“ Domadder respektéiert hien net säi Rôle an der Constitutioun an hie respektéiert och net d'Zesummespill tëschent den Institutiounen, déi awer zesummen déi Stabilitéit an dësem Land maachen, déi gutt



ass, fir dass eng Gesellschaft sech kann entwéckelen, prosperéieren an zu Wuelstand, Sécherheet an Zefriddenheet kommen. An dat ass eppes, wat een all Dag muss fleegen a bei all Handlung muss fleegen, eppes, zu deem et keng Ausnahm däréf ginn!

Glécklecherweis, soe mir Gréng, hunn dofir net all Institutionen hire kloere Bléck an hir roueg Hand verluer. Hei huet d'Zesummespill tëschent Regierung a Chamber, Fraktiounen a Parteie gutt geklappt, soss hätte mer haut net dëse Vote, soss hätte mer net bannent enger Woch eng institutionell Kris kritt an och nees kënnen bäileeën. Well all déi aner Institutionen hire kloere Bléck net verluer hunn an Hand an Hand geschafft hunn, fir dass d'Kris ka bäigeluecht ginn.

Fir de Grand-Duc ass d'Sanction-promulgation en Deel vu sengem institutionelle Rôle. Et ass säi Recht a seng Pflicht zügläich. Et ass och dofir seng Pflicht, well et eng Géigeleeschting dofir gëtt. De Grand-Duc huet eng l'irresponsabilité civile, pénale a virun allem politique. Dat huet nëmmen een hei am Land. Dat ass e ganz grouse Privileg. Deen ass och begrënnt, begrënnt mat Géigeleeschtingen. Déi mussen dann och erfëllt ginn, déi Géigeleeschtingen, an zwar an all de Fäll. Dat ass eis Meenung.

Dofir ware mir als gréng Fraktioun och virun e puer Joer net ganz glécklech, och wann dat deemools vläicht eng majoritär Meenung war, wéi de Grand-Duc sech am Kader vum Referendum iwwert den Traité constitutionnel geäussert huet. Dat war vläicht d'Meenung vu ville Leit, mä och dat war deemools net richtig. A vläicht war dat eng kleng rout Luucht, déi bei villen hätte missen ugoen, fir dass sech och doriwwer mam Statschef ënnerhale gëtt, well och dat war schonn eng Transgressioun, sans suite - d'accord -, sans suite réelle am Processus législatif, mä och dat war net glécklech.

Och dat soll een net vergiessen, wann een déi Diskussioun féiert, déi mer elo amgaange sinn ze féieren an och an den nächste Wochen a Méint wäerte féieren, dass dat mat Sécherheet net de constitutionnellé Wee ass, dee mer zu Lëtzebuerg zënter enger ganzer Rei Jore beschratt hunn.

Mir wäerten also an den nächste Wochen déi Aarbecht misse fäerdeg maachen, déi mer zënter véier Joer an der Verfassungskommissioun maachen, nämlech déi Aarbecht, eis Verfassung ze moderniséieren a virun allem, an dat ass de Plädoyer vun der gréngr Fraktioun, den Text vun eiser Verfassung endlech a feelerfräi iwwereneen ze leeë mat der Praxis, déi mer am Land hunn. Well haut ass et esou, dass een, deen aus dem Ausland op Lëtzebuerg kënnt an dee sech beispillsweis während engem Abiergerungsverfahre mat engem Cours d'ins-truction civique mat der Verfassung géif beschäftegen, eng Verfassung géif liesen, déi him net géif erklären, wéi zu Lëtzebuerg d'Saache genee geschéien.

Et kritt ee kee richtege Bléck op dat, wat zu Lëtzebuerg geschitt, wann een eis Verfassung liest a probéiert se à la lettre ze verstoen. Dat ass fir déi, déi initiéiert sinn, wuel verständlech, mä net fir déi, déi eis Praxis net kennen. Duerfir si mer der Meenung, dass et de Rôle muss sinn, déi Aarbechten, déi mer zënter véier Joer gemaach hunn an déi eigentlech virun engem Ofschloss stoungen, elo nach eng Kéier liicht ze verlängeren, fir nach eng Kéier iwwer e puer Artikelen ze kucken, fir wierklech op en Text ze kommen, deen all eis Institutionen an deem Text esou erëmgëtt, wéi se haut och an hirem Zesummespill sinn a fonctionnéieren.

Dat brauche mer, dat ass eng Noutwendeg-keet fir Lëtzebuerg. Dat géif och dem Grand-Duc säi Rôle als Statschef iwwert den Enjeu partisan definéieren, dee Rôle vläicht dann nach méi prezis beschreiwen, obwuel en eigentlech, am Verständnes vun all de Constitutionnalisten, haut scho kloer ass. Mä en ass da vläicht, duerch en ofgeännerten Text, an Zukunft nach méi kloer.

Wat eis och bei der Solutioun, déi mer elo fonnt hunn, fir aus der institutioneller Kris erauszekommen, iwwerzeegt, ass, dass mer hei zu Lëtzebuerg, contrairement zu der Belsch, eng Léisung fonnt hunn, déi

dauerhaft ass, dass mer net op dee falsche Wee gaange sinn, eng eemoleg Solutioun ze bastelen, wéi se dat an der Belsch gemaach hunn, wéi de verstuerwene Kinnek Baudouin beim Avortementsgesetz Schwierigkeiten hat.

Hei hu mer direkt d'Optioun geholl, all zesummen, fir ze soen, wann et eppes ze kläre gëtt, da gëtt et esou gekläert, dass et eng Léisung ass, déi steet, an net eng „one shot“-Léisung, déi nëmmen eemol ze gebrauchte wier, eng „à la carte“-Léisung, pour convenance personnelle; dat kann et net ginn. Et gëtt also eng propper institutionell Léisung, doduerch gesicht, dass et eng dauerhaft Äntwert ass op en Ëmstand, deen domadder vläicht och besser gekläert ass wéi virdrun.

Et ass wouer, dass et net gutt ass, wann d'Verfassung ze vill oft muss geännert ginn. Mä et ass awer genausou falsch, wann eng Verfassung guer net geännert gëtt. Dat ass dat, wat mer zu Lëtzebuerg laang haten: dass se bal guer net geännert ginn ass. An dee Stau huet mat sech bruecht, dass mer an de leschte Joren elo vill Ännerungen hu misse maachen, vill méi wéi et üblech ass fir eng Verfassung.

Dat bréngt och mat sech, datt déi Aarbecht, déi d'Vefassungskommissioun amgaang ass ze maachen, et wäert erlaben, wa se zu engem Ofschloss ka kommen an der nächste Legislaturperiod, dass mer dann och vläicht erëm en Text hunn, deen et nees erlaabt, iwwer eng Rei Jorzéngte mat nëmme minimaalsten Ännerunge just nach kennen eens ze ginn, fir dass d'Verfassung dat erëmgëtt, wat se eigentlech iwwerall an ëmmer misst sinn: de Referenztext, deen Äntwerte gëtt, déi an der Durée och Konstanz hunn an déi net mussen oft geännert ginn.

Eis Verfassung ass haut net an engem Zoustand, dass se dat fir déi nächst Jorzéngte kéint garantéieren. Duerfir ass déi Reform-aarbecht noutwendeg, déi mer an den nächste Woche wëllen an dëser Legislatur ofschléissen, fir se dann op den definitiven Instanzewee an der nächste Legislatur kennen ze ginn.

Et gëtt wéi gesot ganz kloer e Besoin, fir eis Verfassung ze änneren. Déi gréng Fraktioun ass bereet, sech un deem Prozess do ze bedeelege mat engem Wuert, wat iwwer all deenen anere steet: de Rechtsstat.

An de Rechtsstat, dat heescht fir eis kloer Regeln, transparent Regeln, déi fir jiddweree gëllen an an all de Situatiounen musse gëllen. Et ka keng aner Regel gi wéi déi vum Recht. Fir all Gesetz a fir all Liewenslag vun den Institutionen kann et nëmmen dat geschrivwene Recht sinn, wat gëllt. An dat muss esou kloer sinn, dass jiddweree weess, wou en drun ass. An et muss och kloer si fir jiddwereen, wat et bedeit, wann e sech net un d'Recht hält.

E lescht Wuert, an dat wëlle mer awer och nach als gréng Fraktioun lassginn, well et eng Saach ass, déi eis awer och bedréckt: Dat ass d'Motivatioun, déi offensichtlech hannerter Suerg vum Grand-Duc stécht, seng perséinlech Iwwerzeegung, déi hien uginnt huet, déi och vu senger reliéiser Iwwerzeegung net ze trennen ass.

Dat ass fir eis och e Problem. Mir hunn zu Lëtzebuerg eng Trennung vu Kierch a Stat.

» Une voix .- Neen!

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Mir hunn eng Rei Aspekter, wou nach Diskussiounen noutwendeg sinn, fir se ze vervollstännegen. Mä mir hunn e fundamentale Problem mat där Motivatioun, déi ugefouert gëtt.

Wa mat där doter Begrënnung, mat perséinleche reliéisen Iwwerzeegunge motivéiert gëtt, dass en institutionellen Akt net gemaach gëtt, da kritt dat fir eis nach eng Kéier och eng Qualitéit, déi eigentlech net akzeptabel ass.

De Stat muss neutral sinn. D'Reliounsfräiheet ass e Grondrecht, a mir sinn alleguerte bereet, dofir ze streiden an dofir anzetrieden, dass jiddwereen d'Recht huet, dat grondsätzlecht Recht huet, seng Reliounsfräiheet individuell auszeliewen, och wann ee selwer déi Relioun net deelt. Mir si bereet, deene Leit bäizestoen, déi nach fir dat Recht do musse streiden.

Wat awer eiser Meenung no net geet, ass, dass de Stat och nëmmen an engem eenzege vu sengen Akten an an engem eenzege vu sengem Handele sech dem Reproche oder dem Verdacht nëmme vum Reproche misst ausgesat gesinn, dass hien eng Verméschung géif maachen tëschent institutionellem Handeln a perséinlecher reliéiser Iwwerzeegung. Dat ass och eppes, wat net annehmbar ass.

Mir brauchen e Rechtsstat an allerleschter Konsequenz. Dat ass déi éischt an déi

gréisst Garantie fir all Bierger vun dësem Land. Vum héchste bis bei dee klengste Bierger am Land ass dat déi eenzeg Garantie. Dat ass dat, wat déi gréng Fraktioun motivéiert, fir déi Diskussioun ronderëm d'Verfassungsmoderniséierung weiderzeféieren.

Mat deene Wieder, Här President, bréngen ech d'Zoustëmmung vun der gréngr Fraktioun zu dem Text, wéi e proposéiert ginn ass fir eng nei Mouture vum Artikel 34.

Merci all deenen, déi dozou bäigedroen hunn, d'Kris ze beendegen. Mir hu vun haut un nees aner Suergen, an dat sinn der genuch.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix .- Très bien!

» M. le Président .- Merci, Här Braz. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Henckes.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Damm an Dir Hären, fir d'éischt meng Remerciementen un de President-Rapporteur vun der Verfassungskommissioun, den Här Paul-Henri Meyers, fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht, dee mer erlaabt, an deene puer Minutten, déi mer zur Verfügung stinn, op e puer méi essenziell Punkten anzegoen.

Fir d'éischt kann ech mech net erënneren, datt jee an der Geschicht vun dësem Land eng Verfassungsreform huet missen an esou enger Urgence duerchgezu ginn, wéi dat haut de Fall ass.

Dat hätt ganz liicht kënnen verhënnert ginn. Ech erënneren drun, datt de Statsminister den 2. Dezember deklaréiert huet, datt hie scho virun e puer Méint vum Grand-Duc matgedeelt kritt huet, datt hie Problemer mat dem Gesetz iwwert d'aktiv Stierfhëllef hätt. Ech hat mer erwaart, datt hien, esou wéi hien dat bei aneren Occasiounen gemaach huet, deen Ablack de Kontakt mat der Chamber an der Verfassungskommissioun gesicht hätt. Dann hätte mer kennen déi ganz Problematik an der Serenitéit duerchgoen, anstatt iwwert de Wee, wéi et elo gaangen ass.

Prinzipiell si mir als ADR d'accord, fir dem Wonsch vum Grand-Duc entgéintzekommen a fir déi virleidend Verfassungs-ännerung duerchzezéien, well mer och domadder eng Verfassungskris kënnen verhënnere.

Et ass vill doriwwer diskutéiert ginn, ob de Grand-Duc d'Recht huet, fir déi zwou Saachen, d'Sanktioun an d'Promulgatioun, vuneneen ze trennen, ob een dat kann oder soll trennen.

Ech wëll dorop hiweisen, datt am Livre jubilaire vun 1956 vum Statsrot de Pierre Pescatore an engem doktrinären Artikel «Essai sur la notion de la loi» gesot huet, datt déi zwou Notiounen vu Sanktioun a Promulgatioun absolut musse vunenee getrennt ginn an datt de Grand-Duc d'Recht huet - ech zitéieren: «En sanctionnant il apprécie l'opportunité de la loi», dat heescht, duerch d'Sanktioun huet hien d'Recht, fir d'Opportunitéit vum Gesetz ze analyséieren. Dat ass eng Ausleeung, eng Diskussioun, déi et wäert ass, an déi vläicht och explizéiert, woufir mer haut déi Problematik do hunn.

Et ass och kloer, datt, wann de Grand-Duc e Gesetz net sanktionéiert, da gëtt dat Gesetz hifälleg, da gëtt et caduc. Mir versti ganz gutt, datt de Grand-Duc deen Ablack, wou hien der Iwwerzeegung ass, datt et säi Recht ass, datt hien d'Gesetz approuvéiert, esou wéi d'Verfassung elo vläicht kann ausgeluecht ginn, och dat Recht muss hunn, esou wéi all Deputéierten, fir gemäss sengem Gewëssen a Gewëssensfroen op verschidde Punkte kennen ze reagéieren. Mir mussen duerfir aus där Situatioun erauskommen an dohier och déi heiteg Verfassungsännerung.

Mä et däréf een awer och e puer Punkten net vergiessen, notamment a wat fir engem Kontext déi ganz Verfassungsdiskussioun, déi mer haut hunn, stattfënn.

Am Prinzip, wa mer haut an éischer Lecture dës Verfassungsännerung stëmmen, mussen dräi Méint vergoen, bis mer an zweeter Lecture d'Verfassungsännerung nach eng Kéier definitiv kënnen maachen. Dat erlaabt deen Ablack och, fir am Zäitplang d'Méiglechkeet ze hunn an der Chamber - wann d'Chamber dat decidéiert -, fir d'Euthanasie, d'Stierfhëllefgesetz och duerchzezéien a fir deen Ablack net an eng Verfassungskris ze kommen.

Nach muss een awer sech hei Froe stellen.

Woufir? Well, wa mer haut den Text stëmmen, dann ass et méiglech, op Basis vum Gesetz fir d'Referendum vun 2005, datt

fënnef Bierger higinn an e Referendum ufroen, datt se soen, datt se mat där Décisioun net d'accord sinn, déi mer haut hei sollen huelen. An da geet dat säi Wee.

Ech wëll dorop hiweisen an nure kuerz dee Wee do erläutere. Nom Vote vun haut ka fir d'éischt innerhalb vu 14 Deeg esou e Comité vu fënnef Bierger eng Demande beim Premierminister areeche, fir e Referendum unzefroen. De Statsminister huet dräi Deeg Zäit, fir dat ze apprécieieren. Da muss de Statsminister eng Kommunikatioun am Mémorial maachen innerhalb vun aacht Deeg. Da geet d'Kollekt vun den Ënnerschrëften an de Gemengen un.

D'Durée, wéi laang déi Ënnerschrëfte sammelt ginn, fir e Referendum unzegoen, déi kann dräi Woche sinn oder e Mount. Dat steet net genau fest, dat ka festgeluecht ginn. Et geet drëm, datt deen Ablack an enger nächste Etapp d'Gemengen aacht Deeg Zäit hunn, fir dat Ganzt ze kontrolléieren. Dann huet de Statsminister aacht Deeg Zäit, fir d'Resultater, déi d'Gemengen him matginn hunn, ze kontrolléieren.

Dräi Woche méi spéit gëtt da festgehalen, wéi d'Resultat war, an dat muss am Mémorial publizéiert ginn. Da besteet nach e Recours vu fënnef Deeg bei der Cour administrative géint déi Décisioun a géint déi Publikatioun. Oder et gëtt festgestallt, esou wéi den Artikel 114 an onser Verfassung et virgesäit, datt 25.000 Ënnerschrëften zesummekomme sinn an datt et deen Ablack zu engem Referendum komme muss.

Mä dee Referendum däréf net erfollegen dräi Méint virun de Wahlen an dräi Méint no de Wahlen. Or, wann ech hei gesinn, datt et eventuell kéint dozou kommen, datt 25.000 Ënnerschrëfte kéinten zesummekomme, dann ass e Referendum net méi méiglech virum 1. März. Doduerjer kéinte mer an eng nei institutionell Kris kommen, wann et op dee Wee géif goen, an dat kann zu monche Schwierigkeete féieren, speziell an där Atmosphär wou dat Ganzt elo diskutéiert gëtt a wou dobausse ganz vill Problemer opgeworf ginn.

Ech wëll dofir eng Resolutioun proposéieren, datt d'Chamber elo soll ofwaarden, wéi et mat de Recoursen eventuell geet, fir en vue vun engem Referendum, ob esou eng Referendumsinitiativ leeft, ob déi 25.000 Ënnerschrëfte kritt, an dann deen Ablack eréischt d'Décisioun hält, fir de Punkt vun dem Stierfhëllefgesetz hei an der Chamber zur Debatt ze bréngen. Ech déposéieren an deem Sënn eng Resolutioun, mat just nëmmen enger Ënnerschrëft, fir och deenen anere Parteien ze erlaben, déi Initiativ do ze ënnerstëtzen.

Résolution

La Chambre des Députés,

- prenant acte du vote en première lecture du projet de révision de l'article 34 de la Constitution;

- consciente que le projet de révision de la Constitution peut être soumis à la procédure du référendum conformément à la loi du 4 février 2005 à l'initiative de cinq électeurs au moins et à condition que 25.000 électeurs soutiennent cette initiative;

- consciente que si la procédure en question était soutenue par 25.000 électeurs les délais légaux ne permettraient pas l'organisation du référendum avant les élections législatives du 7 juin 2009;

- consciente que la proposition de loi 4909 sur l'euthanasie et l'aide au suicide ne devrait être votée que s'il est certain que le nouveau texte de l'article 34 de la Constitution est en vigueur;

décide

- de reporter le vote sur la proposition de loi 4909 jusqu'après le vote en seconde lecture du projet de révision de l'article 34 de la Constitution voire après l'issue du référendum éventuel concernant ce projet ou encore jusqu'à ce qu'il soit certain qu'une initiative populaire ne réunit pas les 25.000 votes requis.

(s.) Jacques-Yves Henckes.

Et gëtt nach e Moyer, fir aus der Situatioun erauszekommen, dee wëll ech och nure kuerz hei ernimmen, an dee besteet doranner, datt mer vun där Méiglechkeet profitéieren, fir d'Dispens vun zweete Vote ze accordéieren oder net. Do ass e gewësse Flou dran. Muss dat all Kéiers direkt bei dem éischte Vote erfollegen? Kann dat net méi spéit kommen? Do hu mer also eng Marge de manœuvre.

Ech mengen, dës Diskussioun soll stattfannen, fir ze verhënnere, datt mer op eng Kéier e Gesetz hei an der Chamber stëmmen, wou mer geduecht hunn, datt d'Verfassungsännerung et géif erméiglechen, datt herno de Grand-Duc et nëmme méi promulguéiert. Mä, wann déi Ver-



## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,  
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

fassungsännerung an där Zäitspan vun dräi Méint net kann duerchgezu ginn, da schlid-dere mer nees an eng nei Verfassungskris eran, tomber de Charybde en Scylla, vom Regen in die Traufe.

Ech mengen, dat musse mer verhënneren, an dofir géife mir als ADR proposéieren, datt déi Diskussioun soll innerhalb vun de Partiee stattfannen, datt mer déi nächst Woch doriwwer sollen diskutéieren, fir ze kucken, wéi mer dat dote praktesch sollen ugoen, wann et géif zu Schwieregkeete kommen, a wann eng Biergerinitiativ géif e Referendum ufroe géint déi virleiend Verfassungsännerung, déi mer virgesinn hunn.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier ganz kloer soen, datt d'ADR dës Verfassungs-ännerung stëmme wäert. Mir sinn och d'accord mat der Resolutioun, déi mer virleien hunn. Woufir? Well et drëm geet, effektiv, fir eng global Revisioun vun onser Verfassung ze diskutéieren. Mir hoffe just nuren, datt dat virun de Wahle geschitt, an datt mer also e konkreten Text kënnen hunn. Bien entendu, deem Ablack, wou deem Text, dee jo ëmfaassend ass, hei an der Chamber diskutéiert gëtt, hoffe mer och, datt e bei de Wahlen an enger éischter Instanz, an an enger zweeter Etapp och iwwer Referendum ka vum Lëtzebuerger Vollek gutt-geheescht ginn.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Nächste Riedner ass den hono-rablen Här Jaerling an duerno d'Madame Err.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Merci, Här President. Fir d'éischt emol wëll ech erklären, wat an där Motioun stoung, déi hei ofgelehnt ginn ass. Do stoung just dran, dass ech net d'accord sinn, dass hei...

» **M. le Président.** - D'Motioun gouf net ofgelehnt, si war net recevabel.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Se war net recevabel. Also, wann et drëm geet hei d'Demokratie a Stécker ze schneiden, da sidd Dir Weltmeeschter.

(*Interruptions*)

» **M. le Président.** - Et gëtt Regeln, Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Déi Motioun ass einfach hei ënnert den Dësch gekiert ginn, datt ass méi lëtzebuergesch, an dat wëllt ech hei emol kloer soen.

An där Motioun stoung dran, dass ech net d'accord sinn, dass hei 60 Deputéierten eleng iwwert dem Grand-Duc seng Rechter a Flichte befannen, an dass e Referendum stattfanne soll, fir ze wëssen, ob eist Vollek d'accord ass, dass dem Grand-Duc seng Rechter sollen esou ëmgeännert ginn, dass hien nach just representativ Aufgaben huet. Dat war den Inhalt vun der Motioun. Ech sinn einfach der Meenung an ech bleiwen och dobäi, dass d'Lëtzebuenger Vollek soll d'Recht hunn, fir doriwwer ze befannen.

Ech wëll awer kloer soen, dass ech d'Mee-nung deelen, dass de Grand-Duc net dat Recht hat, fir sech hei d'Recht erauszehuelen an ze soen: „Ech ënnerschreiwen dat Gesetz do net.“ Wann hie gesot huet, aus Gewëssensgrënn, da kann ech dat verstoen. Et ass vläicht säi Recht dat ze soen. Mä ech kann awer net verstoen, wann een dann higeeet an et schléisst een doraus, dass - wann een aus Gewëssensgrënn seet, e géif e Gesetz net stëmmen oder net akzeptéieren - een dann eng Relioun

domadder an Zesummenhang bréngt. Ech weess net, wat fir eng Relioun de Grand-Duc huet, an et ass mer och ganz egal, well dat säi Recht ass. Et kann een awer net vun där enger Saach op eppes anescht schlëissen. Dat sinn Hypotheesen.

Wann hei gesot ginn ass, dass et net fir d'éischt ass, wou de Grand-Duc seng Kompetenzen an deem Sënn iwwerschreit, a wann déi Iwwerleeunge vun haut hei all richtig sinn, dann huet hie seng Kompe-tenzen och beim Referendum iwwert de Verfassungsvertrag iwwerschrott, well och do huet hie jo gesot, hie géif dee Verfassungs-vertrag stëmmen, wuelwëssend, dass hien awer iwwerhaupt net stëmme geet.

De Problem ass deen, dass hei gesot ginn ass, dat hätt keng Konsequenze gehat. Mä hypothetesch gesinn, soen ech, kann et awer Konsequenze gehat hunn, andeem dass méi Leit dee Verfassungsvertrag mat-gestëmmt hunn, wéi dat vläicht de Fall ge-wiescht wier, wann hien dat net gesot hätt. Da misst een higoen an dat Resultat vun deem Referendum iwwert de Verfassungs-vertrag awer dann nach eng Kéier méi nuancéieren.

Wat elo d'Resolutioun ugeet, Här President - well meng Zäit ass jo ofgelaf, an net nëmme meng Riedezeit, wéi anerer dat soen -, géif ech soen, dass ech d'accord si mat där Resolutioun hei. Wat awer elo de leschten Abschnitt ugeet, wou geschriwwen steet «lui présenter avant la fin de la présente légis-lature le projet de Proposition de révision portant modification et nouvel ordonnan-cement de la Constitution», muss ech soen, dass ech d'accord sinn, dass Diskus-siounen doriwwer stattfanne sollen, fir eventuell d'Verfassung an deem Sënn ze änneren, dass de Grand-Duc nach just representativ Aufgaben huet, mä dass ech awer net d'accord sinn, dass dat elo nach muss an dëser Legislaturperiod ofge-schloss ginn.

Et sollt een einfach d'Aarbechte fäerdeg maachen, an da sollen d'Parteie kloer Faarf bekennen an dat mat an hire Wahl-programm huelen. Op deem Wee kënnen d'Lëtzebuenger da selwer doriwwer be-fannen, ob se domadder d'accord sinn, an dann dee Moment déi Parteie wielen, wou se mengen, dass déi dat richtig maachen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling, fir Är Interventioun. D'Madame Err huet elo d'Wuert als lescht Riednerin.

» **Mme Lydie Err** (*LSAP*). - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, den Avan-tage vun enger Monarchie, enger parla-mentarescher Monarchie wéi déi vun eisem Land, par rapport zu enger Republik ass, oder misst ee vläicht elo soen, war, fir mech d'Tatsaach, dass de Grand-Duc, eise Statschef, d'Symbol vun eiser Unitéit ass, deen iwwert de Partiee steet, de Garant vun nationalen Zesummenhalt ass an doriwwer eraus inviolabel, dat heescht politesch irres-ponsabel ass, wat sech duerch de contre-seing ministériel materialiséiert.

Esou gesinn, konnt een och als Constitu-tionnalist oder als een, dee mat enger Republik a priori kee Problem hätt, eigent-lech ganz gutt mat der Monarchie liewen, am Verglach mat deem, wat sech am noen Ausland zum Beispill haut ofschielt, dat ass, e Statschef ze hunn, deen enger preziser Partei ugehéiert an am Fong de Monopol wëllt exzerziere vun der Muecht fir déi eenzeg Partei.

De Serment deen de Grand-Duc beim Amtsuntrëtt ofleet, ass am Artikel 5 vun eiser Verfassung wéi folgt festgeluecht: «Je jure

d'observer la Constitution et les lois du Grand-Duché de Luxembourg», etc.

Dee Serment schéngt elo net méi esou an der Praxis ze klappen, well de Grand-Duc ugekënnegt huet, dass hie gären d'Sank-tiounsrecht ewechgeholl krit, well hien zum Gesetz iwwert d'Stierfhëllef, wann et da gestëmmt ass, géif seng Désapprobatioun doduerch zum Ausdrock bréngen. Wat dat bedeit, och par rapport zur Promulgatioun, dat wëll ech net méi erklären als xt Ried-nerin, déi zu dësem Thema hei schwätzt.

Bis elo ass dat Gesetz iwwert d'Stierfhëllef nach net gestëmmt. Mir wëssen deemno nach net, ob de Grand-Duc wierklech maache wäert, wat ugekënnegt ass. Ech jiddefalls ginn dervun aus, dass hien d'Ver-fassung respektéiert a senger Fonctioun gerecht gëtt, ouni eis Verfassung, där hien och zougestëmmt huet an där hien ënner-steet, onnéidegerweis ze strapazéieren.

Wat mir awer sécher wëssen, ass, dass d'Konsequenz vun engem Refus vum Grand-Duc, e gestëmmtent Gesetz ze ënnerschreiwen, eng Crise institutionnelle géif bedeuten, déi eigentlech déi Konse-quenze misst hunn, déi hei schonn uge-klonge sinn, déi vun der Opléisung vun der Chamber, Demissioun vun der Regierung an esou weider.

Duerfir stëmme mer jo, Dir Dammen an Dir Hären, haut an enger grousser Vitesse déi Verfassungsreform, fir eben déi institutionell Kris, déi am Raum steet, ze évitéieren. Duerfir stëmme mer haut op Wonsch vum Grand-Duc dës Reform, fir eisem Land eng zousätzlech Kris zur Wirtschafts- a Finanz-kris ze erspueren, wëssend, dass éischstens d'Land elo dem Grand-Duc seng Meenung als Privatpersoun kennt an och zur Kenntnis geholl huet, an zweetens et ëmsou méi schwéier ass, bei enger Ënnerschrëft ze soen, ob se fir d'Sanktioun dann oder och fir d'Promulgatioun steet.

Dës Verfassungsreform soll derzou déngen, eng zousätzlech Kris ze verhënneren, ouni dass - an dat ass mer wichteg hei ze ënner-sträichen, obschonn et och scho gesot ginn ass - dem Grand-Duc domadder Rechter oder Prerogative géifen ewechgeholl ginn, well een e Recht, wat een net huet, eigent-lech och net ewechgeholl ka kréien.

Dës Verfassungsreform ass also dofir do, fir Schlëmmes ze verhënneren. Mä et muss awer gläichzäiteg garantéiert sinn, dass dës Verfassungsreform net derzou féiert, iwwer Gott an d'Welt, wat ee sech ka virstelle vu Manöveren, d'Saach vum Stierfhëllefgesetz an d'Längt ze zéien an et esou iwwert d'Wahlcampagne ewech ze schleefen.

Sollt de Grand-Duc als Statschef wéi all normale Bierger d'Verfassung an d'Demo-kratie respektéieren, an déi Gesetzer, déi no der Verfassungsreform, an dozou gehéiert, Dir Dammen an Dir Hären, och de Budget, deen d'nächst Woch eréischt gestëmmt gëtt, ënnerschreiwen, fir datt se kënnen a Kraaft trieden, dann ass dës Verfassungs-ännerung ëmmer nach richtig, well se derzou gefouert huet, de Verfassungstext enger Realitéit vu Jorhonnerten unze-passen.

Mä da wier och de Bewäis erbruecht, dass een, wann ee wëllt eppes verhënneren, oder eppes wëllt ervirruffen, ganz schnell an Zäit vun zéng Deeg kann en Text schreiwen, en am Numm vum Grand-Duc déposéiere loossen, vum Statsrot aviséiere loossen, vun der Chamber stëmme loossen, an dass déi schnell Prozedur och méiglech ass am Kader vun enger parlamentarescher Ge-setzesinitiativ.

Als Co-Auteur eng lescht Remarque, Dir Dammen an Dir Hären: Zur Gesetzesvirlag zur Stierfhëllef hate mir, dat heescht de Jean Huss an ech, natierlech kengesweegs d'Prentioun, e Prétexte ze liiwere fir eng Institutiounskris. Mir sinn duerfir natierlech d'accord mat dëser Verfassungsreform.

Ech wëll awer besonnesch, nodeem den Här Henckes elo hei just viru mir op der Tribün war, drop hiweisen, dass dat net eng definitiv Verhënnerung vun enger Ver-fassungskris ass.

Wann dat passéiert, wat den Här Henckes elo grad hei opgezielt huet, iwwert de Wee vun Referendum, mat den Délaien, déi mer kennen, dee muss fäerdeg sinn dräi Méint virun de Wahlen an net därerf ufänken dräi Méint no de Wahlen, dann hu mer, Dir Dammen an Dir Hären, mat esou Demandé wéi déi, déi hei ënner anerem um Dësch leien, déi Verfassungskris, déi mer haut wëllen évitéieren, wéinst dem Grand-Duc senger Positioun, muer wéinst enger Demande vun engem Referendum. E Re-ferendum, deen iwwer en Text geet, iwwer eng Verfassungsännerung geet, déi eigent-lech eng irrelevant ass an deem Sënn, dass et un den effektive Pouvoire vum Grand-Duc näischt annere géif.

Duerfir géif ech lech alleguerten opfuer-deren, ganz gutt opzepassen, wann déi Resolutioun an déi Texter, déi elo hei ugekënnegt gi sinn, zur Ofstëmmung kommen, fir dass mer net muer dat hunn, wat mer haut wëlle mat dëser Verfassungs-ännerung évitéieren.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Err. D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

» **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, wann d'Chamber als Constituante eng Verfassungsännerung virhëlt, dann ass dat all Kéiers e graven Akt, well et geet jo schlussendlech ëm d'Grond-gesetz vun eisem Land. Et geet ëm dat Gesetz, wat d'Rechter an d'Flichte vu jidd-werengem Eenzelne festleet a wat d'Kom-petenzen, d'Rechter an d'Flichte vun den Institutiounen vum Stat fixéiert.

Wann een d'Kompetenze vum Statschef betruecht a wann een dorunner Ännerunge mécht, dann huet dat ëmmer eppes His-toresches u sech. Et ass Usus, datt bei Ver-fassungsännerungen d'Chamber d'Initiativ hëlt. Well et sech awer hei ëm de Statschef gehandelt huet, a well mir als Éischt mat enger präziser Problematik konfrontéiert gi sinn, huet d'Regierung hei exzeptionell, och no Gespréicher mat der Chamber, d'Initiativ geholl, fir eng Revisioun vum Artikel 34, déi de Mëtteg hei diskutéiert ginn ass, anze-bréngen.

Fir d'Regierung ass déi Proposition, déi mer gemaach hunn, an déi Debatt, déi an deene leschten Deeg geféiert ginn ass, keng fir oder géint de Grand-Duc. An et dierf och keng Debatt sinn an eisen Ae fir oder géint de Grand-Duc. Et ass och keng Debatt an den Ae vun der Regierung fir oder géint d'Euthanasie an déi domat ze-summenhängend Froen.

D'Regierung ass a bleift kloer fir d'konstitu-tionell Monarchie. D'Regierung steet loyal zum Grand-Duc Henri an d'Regierung respektéiert d'Meenung, déi de Statschef an enger preziser Fro - esou wéi an alle Froen - huet, well se mengt, datt jiddwer-engem seng Meenung am Land, be-sonnesch wann et ëm ganz fundamental ethesch Froe geet, soll respektéiert ginn an datt een an engem Geescht vu Respekt an Toleranz all déi Froen do soll klären.

Déi Ännerung, déi d'Regierung proposéiert huet an déi och de Mëtteg hei breet Zoustëmmung am Parlament fonnt huet, ass jo eng, wou mer eis eens sinn, datt mer en Text clarifiéieren an der Verfassung an domadder der Verfassungspraxis vun eisem Land Rechnung droen.

Ech wëll hei ënnersträichen, datt déi Ver-fassungspraxis duerch déi Debatten an der leschter Woch net a Fro gestallt ginn ass, an deem Sënn, datt, wéi och drop higewise ginn ass, déi Proposition de loi iwwert d'Euthanasie jo nach net zur Ofstëmmung komm ass. Et war also d'Suerg vun der Regierung, enger Rei vu Bedenken am Virfeld Rechnung ze droen, fir ebe just eng institutionell Kris ze verhënneren, an déi mer eventuell hätten a verschiddenen Zeenarië kënne kommen, mä déi net agetruede sinn, well déi Fro, déi sech stellt, ob dat Gesetz gestëmmt gëtt a wat duerno geschitt, jo nëmmen eng ass, déi an der Theorie vun dem Statschef, vun der Regierung a vum Parlament évoquéiert ginn ass.

Eng Rei Riedner hunn de Mëtteg hei op e ganz wichtegen Artikel vun eiser Ver-fassung higewisen: den Artikel 33, deen ech virun zéng Joer als Deputéierten an als President vun der Verfassungskommissioun d'Éier hat, hei an der Chamber ze redi-géieren a virzedroen; nämlech den Artikel 33, dee seet, datt de Grand-Duc de Statschef ass an d'Symbol vun der Eenheet vum Stat.

Dat ass fir d'Regierung och haut dee wich-tege Prinzip, deen, wéi mer mengen, duerch déi Verfassungsrevisioun hei gestärkt gëtt. Déi politesch Verantwortung fir d'Texter huet net de Grand-Duc, deen d'Symbol vun der Eenheet vum Stat ass a muss sinn, deen iwwert de Partiee steet, mä



hunn d'Chamber an déi, déi mam Grand-Duc d'Gesetzer ënnerschreiwen, nämlech d'Regierung.

De Grand-Duc huet eng Roll am Exécutif. Hien huet eng Roll och am Législatif. Dat ass eng ganz schwiereg Situatioun, well et en am Fong kéint an d'Situatioun bréngen, wou e misst seng Meenung zu enger Fro soen.

Or si mer der Meenung - zesumme mam Grand-Duc iwwregens -, datt dat hien an eng onméiglech Situatioun setzt. E muss sâin Accord zum Contenu vun Texter ginn, ouni awer kënnen d'Ausdrocksfräiheet ze hunn, déi an dësem Land jiddwereen huet, mä déi hien net kann hunn, well en iwwert de Partie muss stoen a well déi Meenung, déi de Grand-Duc ausdréckt, ëmmer ausgedréckt gëtt duerch de Mond vun der Regierung. An déi Pouvoiren, déi en huet, och am Exécutif, kënnen sech nëmmen esou ausdrécken a ginn nëmmen da rechtskräfteg, wa se mat ënnerschriwwé gi vun engem Minister, deen eleng verantwortlech ass virum Parlament.

Déi Verfassungsännerung, déi mer proposéieren, ass also eng, déi zum Zil huet, eppes Onméiglech méiglech ze maachen, nämlech, datt de Grand-Duc als Statschef, deen iwwert de Partie steet, ka seng Meenung hunn an datt en net brauch am Contraire zu där Meenung Akten ze setzen, zu deenen e sech net kann äussere respektiv fir déi d'Ministere mussen d'Responsabilitéit iwwerhuelen.

D'Gespréicher, déi d'Regierung mam Grand-Duc féiert, sinn - an dat wëllt d'Verfassungspraxis esou - net öffentlech. Dat, wat de Grand-Duc senge Ministere seet, mussen déi fir sech behalen, well de Grand-Duc schwätzt duerch de Mond vu senge Ministeren. Dee Prinzip ass richteg an dee wëlle mer bäibehalen.

Et gëtt awer Situatiounen, an deenen ee vun deem Prinzip muss ofwäichen, fir ze erklären, firwat een eng Ännerung vun der Verfassung virhëlt; wéi dat hei de Fall ass.

D'Regierung war an ass der Meenung, datt, wann d'Chamber e Gesetz stëmmt an enger parlamentarescher Demokratie, et da weder fir d'Regierung nach fir de Statschef d'Méiglechkeet gëtt, esou e Gesetz net a Kraaft ze setzen. Mat anere Wieder: Wann d'Chamber e Gesetz stëmmt, da muss d'Regierung dem Grand-Duc dat Gesetz zur Ënnerschrëft virleeën. Si huet kee Choix.

D'Regierung ass och der Meenung, datt se kee Choix huet, wat d'Ënnerschrëft ënnert deem Gesetz ubelaangt, et sief dann, d'Regierung géif zrëckrieden, an da muss de Grand-Duc eng nei Regierung nenne respektiv et kommen Neiwahlen. Mä d'Gesetz selwer bleift weider bestoen, gëtt also dann och vun enger neier Regierung dem Statschef virgeluecht, wann et virdrun am Parlament eng Majoritéit kritt huet.

Duerfir huet d'Regierung hei misse matdeelen, datt si der Meenung ass, datt, wann esou e Gesetz gestëmmt gëtt, d'Regierung et muss ënnerschreiwen, aus Respekt virun den demokratesche Regeln.

D'Regierung ass also der Meenung a wëllt dat och hei nach eng kéier ausdrécklech soen, datt et kee Vetorecht ka ginn, weder fir d'Regierung nach fir de Grand-Duc, wann e Gesetz majoritär an der Chamber gestëmmt ginn ass.

De Grand-Duc kritt duerch dës Verfassungsännerung kee Pouvoir ewechgeholl. De Grand-Duc gëtt an d'Lag gesat, fir datt en net brauch an Zukunft seng Meenung duerch d'Sanktioun ze soen zu engem Gesetz.

De Grand-Duc, zesumme mat de Ministeren an net eleng, muss och an Zukunft d'Gesetz promulguéieren, well och an anere Länner gëtt et d'Promulgatioun. Et kann ee sech d'Fro stellen, ob déi eleng ka vun der Regierung gemaach ginn als Responsabele vum Exécutif oder zesumme mam Statschef. Doriwwer kann ee sécherlech diskutéieren. Mä d'Promulgatioun selwer, also d'Bekanntmaachung vum Gesetz, d'Publikatioun vum Gesetz ass e Pouvoir, dee beim Exécutif muss ugesiedelt bleiwen.

Dës Ännerung, déi mer virhuelen, stäerkt also de Grand-Duc als Symbol vun der Eenheet vun eisem Land. Et stäerkt dat vum

Vollek gewielte Parlament. Et setzt kloer Regeln, wéi muss verfuert ginn, innerhalvu wat fir engen Délaien, bis d'Gesetz bekannt gemaach gëtt a vun der Regierung a vum Grand-Duc ënnerschriwwé gëtt. Et gëtt keen Désaccord tëschent der Regierung an dem Grand-Duc iwwert déi Verfassungsännerung hei.

Déi Verfassungsännerung hei gëtt gemaach zesumme mam Accord vum Statschef a gëtt vun der ganzer Regierung gedroen.

Ech wëll och hei soen, datt d'Regierung déi Aarbechte voll a ganz ënnerstëtzt, déi ënnert der Leedung vum honorabelen Här Paul-Henri Meyers hei an der Chamber gemaach ginn, fir d'Verfassung unzepassen un eng gewësse Verfassungspraxis. Woubäi ech hei wëll rappeléieren, datt déi gréisste Reform an dee Punkt, deen am meeschte contestéiert gi war, international gesinn, grad dee war an der Vergaangeneheet, datt de Grand-Duc eleng de Pouvoir exécutif géif exercéieren, an datt mer deen 1998 geännert hunn, andeem mer gesot hunn, datt de Grand-Duc de Pouvoir exercéiert konform zur Verfassung an zu de Gesetzer vum Land.

Ech wëll och hei soen, am Numm vum Grand-Duc an am Numm vun der Regierung, datt mer eis eens sinn, datt eng Rei vun den Dispositiounen an der Verfassung, grad och déi iwwert d'Prerogative vum Grand-Duc, esou sollen ugepasst ginn, datt se der Verfassungspraxis respektiv der praktescher Applikatioun vun deenen Texter méi konform gemaach ginn. Doriwwer gëtt et och keen Désaccord mam Grand-Duc, deen och der Meenung ass, datt eng Rei vu Bestëmmungen him am Fong eng reng formal Prerogativ ginn, déi en an der Praxis esou net kann ausüben.

D'Regierung wëllt och drun erënneren, datt se schonn am Joer 2004 e Projet de révision vun den Article 76 an déi, déi duerno kommen, proposéiert huet iwwert d'Kompetenze vun der Regierung. D'Regierung mengt, datt et extrem wichteg wär, datt och do géif gekuckt ginn, datt notament d'Kompositioun vun der Regierung, d'Formatioun vun der Regierung, d'Kompetenze vum Premierminister a vun de Membere vun der Regierung, och d'Responsabilitéit vun deeneselwechte géife präziséiert ginn. An d'Regierung wäert sech an deenen Debatten, déi am Parlament stattfannen an deenen nächste Méint, och zu deenen dote Froen nach eng kéier ganz kloer äusseren; biet also d'Chamber och nach eng kéier zu deenen Artikelen, déi d'Regierung 2004 proposéiert huet, Stellung ze huelen.

All Verfassungsännerung ass eng wichteg Verfassungsännerung. Ech mengen, datt mer haut net eist Land an eise Statschef schwächen, mä datt mer d'Demokratie an de Grand-Duc, als Symbol vun der Eenheet vun eisem Land, stäerken. Datt mer dat an Eestëmmegkeet kënne maachen.

Eestëmmegkeet tëschent dem Grand-Duc, der Regierung an allen am Parlament vertruedene Parteien ass de Bewäis vun engem gewëssene Statssënn, ass och de Bewäis vun enger gewëssener Eenheet, wann et ëm wesentlech Froe geet, an déi vun der Verfassung si wesentlech Froen. Et beweist och vun alle Parteien e Bekenntnis zu den demokratesche Grondwäerter an zu den Institutionen, allen Institutionen, déi mer am Land hunn.

Et gëtt eis eng Stäerking fir déi aner Problemer, déi mer unzegoen hunn, besser kënnen ze begéinen. An deem Sënn ass d'Regierung dankbar fir déi breet Ënnerstëtzung an déi schnell Concertatioun, déi mer an deene leschten Deeg konnten hunn. Mir sinn net an enger institutioneller Kris. Mir hunn zesumme Problemer évitéiert, déi hätte kënnen zu enger institutioneller Kris féieren.

Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun den Debatten ukomm. Mir kommen elo zum éischte Vote constitutionnel iwwert de Projet de révision. Den Text steet am Document parlementaire 5967<sup>2</sup>. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel eruerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

**Vote sur le projet de révision de l'article 34 de la Constitution**

De Projet de révision ass ugehall mat 56 JoStëmmen, géint 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes,

Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

**Résolution 1**

Mir hunn d'Resolutioun nach ze stëmmen, déi vun alle Fraktiounen ënnerschriwwen ass. Ech denken, dass mer par main levée kënnen ofstëmmen.

(Assentiment)

(Interruption)

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Just eng Versteesdemechfro: Dee leschten Abschnitt ass jo geduecht fir d'Présentatioun vun den Texter - domadder sinn ech d'accord -, net fir de Vote. Wann dat esou ass, stëmmen ech fir d'Resolutioun.

» M. le Président. - Et steet kloer an dättelech dran, dass d'Aarbechte sollen

ofgeschloss ginn an dass d'Aarbechte sollen hei presentéiert ginn, an déi nächst Chamber wäert sech da mat de Resultater dovunner beschäftegen.

**Vote**

Mir kommen zum Vote. Wien ass d'accord mat der Resolutioun?

Wien ass dergéint?

D'Resolutioun 1 ass eestëmmeg ugehall.

**Résolution 2**

D'Resolutioun 2 gëtt un d'Conférence des Présidents zrëckgeschéckt.

De Minister François Biltgen huet d'Wuert nach gefrot.

### 3. Dépôt d'un projet de loi

» M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Här President, ech wollt nach e Projet de loi déposéieren, deen et erlaabt, d'Deelzäitaarbecht besser ze reguléieren.

- *Projet de loi 5973 portant modification de l'article L.511-12 du Code du Travail*

» M. le Président. - Ech ginn Akt vum Dépôt vun dësem Projet de loi. E gëtt un déi zoustänneg Kommissioun verweisen.

Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer definitiv um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Fir déi nächst Sitzung gitt Der schrëftlech convoquéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.24 heures)

## Sommaire des séances publiques N<sup>os</sup> 15, 16, 17 et 18

5900 - *Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009 (suite)*

- Discussion générale (suite) pages 167-181

5862 - *Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Région administrative spéciale de Hongkong de la République Populaire de Chine tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Hongkong, le 2 novembre 2007* pages 181-182

Question urgente N°3024 de M. Jacques-Yves Henckes au sujet de la reprise de la banque Kaupthing Luxembourg page 182

5897 - *Projet de loi relatif à la construction de la Maison du Savoir à Belval pour les besoins de l'Université du Luxembourg*

et

5898 - *Projet de loi relatif à la construction d'un bâtiment administratif pour compte de l'État à Belval* pages 182-188

5695 - *Projet de loi relative à l'eau modifiant*

1. la loi modifiée du 31 juillet 1962 ayant pour objet le renforcement de l'alimentation en eau potable du Grand-Duché de Luxembourg à partir du réservoir d'Esch-sur-Sûre,

2. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

3. la loi modifiée du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures,

4. la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés,

5. la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles,

6. la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain,

7. la loi du 3 août 2005 concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles et abrogeant: 1. les articles 7, 14 et 40 à 44 de l'édit du 13 août 1669 de Louis XIV portant règlement général pour les eaux et les forêts, 2. l'arrêté du 9 mars 1798 (19 ventôse an VI) du Directoire exécutif, contenant des mesures pour assurer le libre cours des rivières et canaux navigables et flottables, 3. la loi modifiée du 16 mai 1929 concernant le curage, l'entretien et l'amélioration des cours d'eau, 4. la loi modifiée du 29 juillet 1993 concernant la protection et la gestion de l'eau, 5. la loi du 27 mai 1961 concernant les mesures de protection du barrage d'Esch-sur-Sûre, 6. l'article 41 de la loi du 24 décembre 1999 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2000 pages 189-202

Institution et composition de la Commission spéciale «Crise économique et financière» page 202

5967 - *Projet de révision de l'article 34 de la Constitution* pages 202-208

Dépôt d'un projet de loi page 208